



sech als Steierzueler wirklech nëmme wonnen!

Mä ech kommen zrëck op elo dee Punkt, deen ech nach wollt maachen. Also, dat eent ass dann de Schlëssel. An dat Zweet ass, dass mer wirklech eis freeën, wéi anerer och, dass mer eng Rei vun internationalen Archiven hei op Lëtzebuerg kréien. Den Här Angel hat déi mentionnéiert, d'Westeuropäesch Unioun an och elo Benelux-Archiv.

Eisen Appell, Här Minister, ass awer, dass mir souwuel um Niveau vum Droit international public wéi och reng um Niveau vum Archivage dat kompetent maachen hei zu Lëtzebuerg, dass mer déi Archive professionell schützen, professionell lagere an a professionell der Fuerschung opmaachen.

Dat heescht, den Appell, a wou mer och politesch Ennerstëtzung ubidden hei - an ech sinn iwwerzeegt, do ass jiddwereen heibannen d'accord -, dat ass, wann d'Land Personal brauch, fir historesch international Archiven hei professionell ze gëreieren, ech mengen, da sollte mer, wien A seet, och B soen an lech déi Leit zur Verfügung stellen, déi mer brauchen, fir dass mer eis géigeniwwer eisen auslännesche Partner, déi wëlle fuerschen, net blaméieren, an dass dat richteg a korrekt a sécher gemaach gëtt.

Villmools Merci!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Als leschte Riedner ass den Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt soen ech dem Marc Angel Merci fir säi mëndlechen an och schrëftleche Rapport zum Gesetzesprojekt 6505.

Schonn 1955 gouf sech mat der Fro vun der Unificatioun vu Recht am Benelux-Raum beschäftegt. Verschidde Piste goufen exploréiert, fir dat ze erreechen. Déi politesch Responsabel ware sech awer eens, dass d'Unificatioun nëmmen erreecht kéint ginn, wann d'Regelen och uniform interpretéiert géife ginn. Aus där Motivatioun eraus gouf dann d'Cour de Justice Benelux an d'Liewe geruff.

Bis elo war et awer esou, dass dës Cour, ähnlech wéi eist Verfassungsgeriicht, eigentlech nëmmen par voie préjudicielle konnt saiséiert ginn. Mir wëllen haut e Schrëtt méi wäit goen, andeems mer dem Benelux-Geriicht direkt Kompetenze ginn.

Ee Beräich, an deem d'Benelux-Geriicht an Zukunft esou eng direkt Kompetenz soll iwwerdroe kréien, ass dee vum geeschtegen Eigentum. Do si mer awer nach net! Dofir muss emol fir d'Éischt d'Benelux-Konventioun iwwert de geeschtegen Eigentum aus dem Joer 2005 ofgeännert ginn.

An Zukunft wäert also derfir gesuergt ginn, dass d'Recoursé géint d'Décisioun vum Office Benelux de la Propriété intellectuelle direkt virun d'Benelux-Geriicht bruecht ginn an net méi virun déi national Geriichtsbearkeeten. Bis elo hunn d'national Juridictionen, hei bei eis doheem ass et d'Cour d'appel, d'Kompetenz, fir iwwert d'Décisioun vum Office Benelux ze jugéieren.

Mir sinn der Usiicht, dass eng direkt Kompetenz vun der Cour Benelux de richteg Wee ass. Et kann nämlech net sinn, dass mir op där enger Säit op Benelux-Niveau en Office vum geeschtegen Eigentum schafen, fir eenheetlech Décisiounen am Beräich vum Marken- a Modellrecht ze huelen, an op där anerer Säit dës Décisioun fir gutt befonnt oder verworf ginn, an dass ofhängeg dovun, wat fir een nationaalt Geriicht domat saiséiert gëtt.

Wann ee sech nämlech d'Statistiken ukuckt - ech baséiere mech hei op déi vun den Appelatiounsgerichter vu Bréssel an Den Haag -, da stellen ech fest, dass vun 22 Affären, déi vun der Cour d'appel vu Bréssel tranchéiert goufen, 15 Stéck, 15 Décisioun vum Office verworf gi sinn. Am Géigesaz zu der Cour d'appel vun Den Haag, wou sämtlech Décisioun vum Benelux-Office confirméiert goufen.

Net nëmme statistesch, mä och interpretativ leien déi Décisiounen net ëmmer ganz no beieenen. Dës Divergenze stinn dem Grondgedanke vun enger uniformer Rechtssprechung am Benelux-Raum entgéint.

Zil ass et awer net nëmmen, fir d'Uniformitéit vum Droit ze suergen, och anere Gesichts-punkten ass Rechnung gedroe ginn. Sou zum Beispill geet et drëm, d'Prozeduren ze accélérieren - d'Moyenne an Holland läit bei bal

zéng Méint, déi zu Bréssel bei iwwer 30 Méint - an och selbstverständlech d'Käschten ze drécken.

Mir wëllen also iwwert de Wee vun den direkte Kompetenz fir d'Benelux-Geriicht Rechtssécherheet erreechen an doduerch och déi wirtschaftlech Aktivitéit schützen. Et sief hei bemierkt, dass dat net nëmme fir déi grouss Acteure wichteg ass, mä och am Interessi vu klengen a mëttlere Betriber. Sou ziele vill Coiffeuren, informatesch Betriber, Konfektionsgeschäfte zu de Clientë vum Office Benelux fir geeschtegen Eigentum an déi kommen dann och an de Genoss vun enger eenheetlecher Rechtssprechung.

Des Weidere geet et och ëm de Prinzip vum „double degré de juridiction“. De Marc Angel ass dorobber agaan; ech mengen, ech brauch dorobber hei elo net méi anzegoen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir begrëssen och, dass de Protokoll, deen duerch dëse Gesetzesprojekt approvüert gëtt, elo schonn d'Méiglechkeet virgesäit, Kompetenzen, och anere Beräicher, direkt op d'Benelux-Geriicht kënnen ze iwwerdroe. De Procureur général beim belsche Kassatiounsgeriicht huet zum Beispill eng méiglech Extensiou vun de Kompetenzen op d'Traitéen tëschent de belsche Regiounen an anere Benelux-Länner a Betruecht gezunn.

Mir leeën haut d'Wäichen am Sënn vun enger Vereenheetlechung vun eise Gesetzter am wäiteste Sënn vu méi Rechtssécherheet an och vu méi Integratioun. An Zäiten, wou d'Integratioun op globalem Niveau ëmmer méi schwieereg gëtt, si mir der Meenung, dass mir op regionalem Plang eng Virreiderroll sollen a kënnen unhuelen.

Ech ginn dann och heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Gloden Merci. Et ass soss keen ageschriwwene Riedner méi op menger Lëscht. Da froen ech den Ausseminister, fir nach Stellung ze huelen. Här Ausseminister, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères.**- Jo, Merci, Här President. Also, ech wëllt ganz kuerz och selbstverständlech dem Här Angel fir d'Alleréischt Merci soe fir säi Rapport, deen en, wéi ëmmer, mat vill Engagement gemaach huet.

Déi Froen, déi gestallt gi sinn, ech mengen, fir d'Éischt wëll ech drop hiweisen, dass et schonn e weénege aussergewöhnlech ass, dass mer am Joer 2013 elo d'Présidence hu vum Parlament vun der Benelux an och d'Présidence hu vum Comité des Ministres. Mir hunn also do eng héich Aktivitéit, wou mer och als Land da weisen, dass mer wirklech och gutt sinn. Voilà!

Sou, dann, wat déi ominéis Suen ugeet. Also, ech war vun Ufank un do derbäi. Den Här Angel huet héchstwahrscheinlech ganz recht, wat en do wollt soen. Mä wat ech wëll soen, dass dat ass dat hei: D'Belsch, déi hunn e weénege verluer, an d'Hollänner waren eigentlech net esou séier ze bewegen, fir dee Verdeelungsschlëssel do weiderzeféieren. Dat war eng Tractatioun, déi ass... Dir wësst, just Lëtzebuerg ass stabil, wat den Ausseminister ugeet, während déi zwee aner e weénege manner stabil sinn, déi zwee aner Länner, an dann all Keier, wann en neie Belsch oder Hollänner komm ass, ass et erëm nei ugaangen. An ech kann lech soen, dass mer awer do net esou schlecht ofgeschnidden hunn!

D'Belsch sinn effektiv erofgaangen, well se manner Steiere kréien, vun 48,5% op 41%. Mä d'Hollänner sinn eropgaange vun 48% op 53%. Si hunn natierlech d'Garantie vläicht och elo net méi esou fest, dass si de Generalsekretär hunn. Dir wësst, dass et och nach zwee Adjointë gëtt, den Här Alain de Muyser ass eise Secrétaire adjoint vun der Benelux; an déi 6%, déi mer elo bezuelen, mussen mer natierlech relativéieren. Mir hunn 240.000 Euro an der Moyenne bezuelt, déi Budgete sinn agefruer. Mir bezuelen der also elo d'Joer 480.000.

Ech mengen, dass elo d'Welt net all fir ee Verdeelungsschlëssel, dee mer awer kritt hunn, an eng Institution, déi eis awer trotzdem heiansdo vill méi wäert muss si wéi dat, wéi se heiansdo duergestallt gëtt. Duerfir ass dat awer eng Verhandlung, déi, wéi gesot, ganz laang gedauert huet, mä wou awer eis Diplomaten eng gutt Aarbecht gemaach hunn. Dat war déizäit nach de Paul Dühr, dee Generalsekretär war, an ech mengen, dass sollte mer unerkennen. Wann ech de Chiffer huelen - ech brauch en net nach eng Keier elo ze soen -, do gesitt Der, dass mer awer do a Paragë sinn, déi absolut akzeptabel sinn.

Dann d'Archiven, okay, ech mengen, dass ass richtig, wat gesot ginn ass, dass dat e Virdeel ass, dee mer do kritt hunn. Och de Siège jo vum Parlament - pardon! -, vum Geriichtshaff

ass och en Avantage, dee mer kritt hunn. A wa mer d'Archiven hunn, mussen mer dat och anstänneg maachen, domadder sinn ech d'accord!

Wat deen Datazenter ugeet, dass hu mer am A. Dat ass nach net décidéiert, wéi dat alles elo verleeft, mä mir hunn dat am A. An ech géif och mech freeën drop elo schonn, de 15. September (veuillez lire: 15. März), freides mëttes, fir einfach bei lech ze kommen hei an d'Chamber, fir mat lech ze schwätzen an Ärem Parlament, Benelux-Parlament, och mat der Lëtzebuerger Regierung dann ze schwätzen.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Merci dem Ausseminister. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun, a mir stëmmen elo iwwert déi zwee Projeten of. Fir d'Éischt iwwert de Projet 6504.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6504 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6504 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner (par Mme Claudia dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da stëmme mer elo of iwwert de Projet de loi 6505.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6505 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. An och hei ass de Vote ofgeschloss an d'Resultat datselwecht wéi virdrun.

De Projet 6505 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Félix Braz), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Als leschte Punkt vun eise heitegen Ordre du jour hu mer de Projet de loi 6284 iwwert de Schutz vun de Schülerdaten. Hei ass d'Riedezäit

nom Modell 1 festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Roth, Berger, Adam a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

5. 6284 - Projet de loi relatif aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Ben Fayot (LSAP), rapporteur.**- Här President, während Honnerte vu Joren hunn d'Schoulen hir Schüler a Klassebicher an a Kartongsfichieren ageschriwwen, an déi Klassebicher an déi Kartongsfichieren, déi sinn op de Späichere vun de Schoulen dorëmmer, si hu sech opgekéipt. An ech erënnere mech, wéi mer 1964 aus dem sougenannten „Ale Kolléisch“ an de sougenannten „Neie Kolléisch“ geplënnert sinn, do sinn d'Stagiären, ënnert deenen ech deemools war, op de Späicher geschéckt ginn, fir ze kucken, wat do nach vun Interessantem wier, an do waren och vill Fichieren a vill Klassebicher aus deene vergaangene Jorzéngten a Jorhonnerten.

Haut ass dat elo anescht. Dir wësst, dass an den 80er Joren d'Informatik opkomm ass, an ouni d'Informatik geet haut an der Gestiou, an der Organisatioun vun de Schoulen näischt méi. De Projet, vun deem mer haut schwätzen, de Projet 6284, huet mam informateschen Émgang mat Schülerdaten ze dinn, do heescht „Émgang“ esou vill wéi „Traitement“.

Et gëtt eng Datebank geschaaft, an där all d'Schüler vun alle Schoulen am ganz breede Sënn vum Wuert enthalte sinn. Den Artikel 1 vum Gesetz definéiert den Ausdrock Schüler: Dobäi handelt et sech ëm déi vun der öffentlecher Schoul wéi déi von der privater, et sinn d'Schüler aus der Grondschoul, de Lycéeën, der Berufsausbildung, dem Enseignement différencié, mä och aus der Erwuessenebildung an och de Privatschoulen, déi Schüler, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen an am Ausland an d'Schoul ginn. Et geet also ëm eng méiglechst komplett Bestandsopnahm.

De Projet betrëfft den Émgang mat de Schülerdaten, och „Traitement“ genannt. Dorënn versteet een d'Sammelen, d'Späicheren, d'Versueren, de Gebrauch vun den Date grad wéi d'Iwwermëttelen, dat heescht d'Transmissioun, d'Ofsécherung an d'Zerstéiere vun deenen Daten.

D'Tatsaach, dass mer e Gesetz dofir maachen an net einfach e Règlement grand-ducal, ënnersträicht d'Sensibilitéit vun där Matière, an d'Entstehungsgeschicht vum Gesetz, déi sech iwwer bal zwee Joer hinzitt, ass dofir ganz opschlussräich. De Ministère de l'Éducation nationale hat fir d'Éischt en Avant-projet de règlement grand-ducal ausgeschafft, deen der Commission nationale pour la protection des données virgeluecht gi war, déi hirsäits gemengt huet, et misst e Gesetz kommen.

Den Avant-projet de loi gouf och vun der CNPD aviséiert, ier en déposéiert gouf. Nom Dépôt vum Gesetz huet dann d'CNPD nach eng Partie Observatiounen zum Inhalt vum Gesetz gemaach, déi bei der Aarbecht um Gesetz respektéiert goufen.

De Gesetzesprojekt selwer war net oncontestéiert. De Beweis dofir sinn déi vill a kritisches Avisen, déi dozou erakoumen, souwuel vun de Berufschambere wéi vun der Commission consultative des droits de l'Homme.

Och de Statsrot huet de 6. Dezember 2011 ganz kritischesch zum Projet Stellung geholl, wourop ons Kommissioun 17 Amendemente virgeluecht huet. Zee Avis complémentaires vum Conseil d'État vum 13. November a vum 21. Dezember 2012 waren néideg, ier mer den definitiven Text ofgeschloss hunn, sou dass d'Documents parlementaires, an deenen dann och de Rapport vun der Kommissioun dran ass, bis zur Nummer zwielef gaange sinn, wat lech weist, wéi vill dass dozou geschriwwen a gesot ginn ass.

Vill kritizéiert gouf ënner anerem déi laang Dauer, während där d'Date sollten ursprénglech erhale bleiwen, nämlech 15 Joer. Och gouf bemängelt, dass d'Terminologie net déi vum Gesetz vum 2002 iwwert de Schutz vun de Persounen beim Émgang mat perséinlechen Daten iwwerholl huet. De Statsrot huet d'Sammele vu soziokulturellen a familiären Daten am Hibleck op de Schutz vun der Privatsphär kritischesch betruecht. En hat och Problemer mat der Zentraliséierung vu perséinleche Schülerdaten.

Mir hu schlussendlech, mengen ech, en Text produzéiert, mat der Regierung an och mat der Kommissioun, dee ville vun deene Bedenke Rechnung dréit a vill Garantie fir de Schutz vun der Privatsphär, e riguréisen Émgang mat per-



séinlechen Daten an eng ganz prezis Beschreibung vun de Virgäng enthält.

Här President, an der neier Datebank ginn zwou bestehend Datebanke fusionéiert, nämlech den „Fichier Scolaria élèves“, deem d'Schüler aus dem Fundamental betrëfft, an den „Fichier élèves“ fir de Postprimaire.

D'Gesetz soll der Schoul erlaben, hir Missiounen besser ze erfëllen, an déi Missiounen ginn a fënnef Ënnerandeelungen deklinéiert: fir d'Éischt, de Respekt vun der Schoufflicht ze kontrolléieren; dann, d'Organisation an de Fonctionnement vun de Schoulen ze erméiglechen an esou effikass wéi méiglech ze maachen; drëtens, d'schoulesch Carrière vun de Schüler nozevollzéien a festzehalen; véiertens, déi gesammelt Daten, déi virdu Mussen dépersonnaliséiert ginn, fir Analysen a Fuerschungen iwwert d'Schoul ze gebrauchen; an da fënneftens, eng wichteg Komponent dobäi ass d'Schülerkaart, déi iwwert dës Datebank méiglech gemaach gëtt.

An der Schülerdatebank, fir dat virwechzehuelen, si véier grouss Kategorië vun Donnéeën enthalen, an zwar: éischtens, Donnéeën iwwert d'Identitéit vun de Schüler an hire legale Vertrieder; zweetens, Donnéeën iwwert d'Carrière vun de Schüler an der Schoul wéi d'Inskription, d'Admissioun, d'Klassen, an deenen e war, an alles, wat d'Evaluatioun an d'Zertifikatioun vun de Schouleresultater vun de Schüler betrëfft; drëttens, Informatiounen iwwert de Milieu, aus deem d'Schüler kommen; a véiertens, Donnéeën iwwert de Passage vun de Schüler an d'aktiiv Liewen.

Besonnenesch diskutéiert gouf d'Kollekt vun Donnéeën iwwert de Familljemilieu. D'Ursoach, fir esou Donnéeën ze sammelen, läit an der Erkenntnis, dass de sozialen a kulturelle Milieu vum Kand grad wéi seng Sproochesituatioun e groussen Afloss op seng schoulesch Laufbahn huet. Et gëtt Chancenongläichheet ënnert de Kanner jee nodeem, wou se hierkommen. An et ass duerfir legitim, déi Ongläichheeten ze erkennen, fir kënne fir Chancëgläichheet an der Schoul ze suergen.

Fir d'Privatsphär vun de Schüler an hire Familljen ze schützen, mussen esou Donnéeën no strikte gesetzleche Bestëmmungen gesammelt, traitéiert an ofgeséichert gespäichert ginn. Och wann esou Donnéeën un Drëttpersonen weidergereicht ginn, zum Beispill fir Etüden, muss dat ënner strikte Konditiounen geschéien, well bekanntlech d'Gesetz vun 2002 iwwert de Schutz vu perséinlechen Donnéeën virschreift, dass schoulesch Donnéeën nëmmen un Drëttpersonen iwwermëttelt kënne ginn, wann eng gesetzlech Bestëmmung dat erlaabt. A wann déi Donnéeë fir Analysen a statistesch Recherche gebraucht ginn, muss se selbstverständlech anonymiséiert ginn.

Vill diskutéiert an hannerfrot gouf och an deem Zesummenhang déi Strofbestëmmung am Artikel 9 vum Gesetz. Duerfir muss een drop hiweisen, dass den Artikel 3 Paragraph 2 d'Donnéeë präziséiert, déi fir d'Identifizierung an d'Authenticatioun vun de Schüler zielen.

D'Kommunikatioun vun esou Donnéeën ass opgedeelt ginn an Donnéeën, déi fakultativ sinn, anerer, déi obligatoresch sinn. Souwuel d'Schüler wéi d'Représentants légaux vun de Schüler mussen folgend Donnéeën obligatoresch matdeelen: fir d'Schüler den Numm, de Virnumm, de Sexe, de Gebuertsdatum, d'Matricule, de Gebuertsuert, d'Nationalitéit, eng Foto an d'Privatadress; fakultativ sinn E-Mail-Adress an Telefon. A fir d'Représentants légaux ass et den Numm, de Virnumm, de Sexe, d'Matricule, den État civil, d'Nationalitéit, d'Adress an d'Telefonnummer.

Am Artikel 9, wéi ech gesot hunn, ass eng Strofbestëmmung enthalen, déi eng Amende vu 25 bis 250 Euro enthält fir de Refus, déi Donnéeën ze liwweren, oder fir se wëssentlech falsch oder onvollstänneg ze liwweren. Déi Strofbestëmmung bezitt sech nëmmen op den Artikel 3 Paragraph 2 an nëmmen op déi am Gesetz als obligatoresch indiquéiert Donnéeën.

Dës entsprécht dem Gesetz vum 2. August 2002, an deem den Artikel 30 seet, dass all Persoun d'Recht huet, sech zu all Moment géint den Traitement vun Donnéeën, déi si betreffen, ze wieren, et sief dann, et géif eng diesbezüglich gesetzlech Bestëmmung, déi den Traitement express virgesäit. An duerfir deen Artikel 3 Paragraph 2 iwwert déi obligatoresch Donnéeën.

Aner Donnéeë kënnen nom Artikel 3 Paragraph 3 erhuewe ginn, déi de Milieu culturel, familial et professionnel vun de Schüler betreffen, ënner anerem och d'Sproochesituatioun, d'Ursprungsland, de Schoulniveau vun de Représentants légaux, an déi Kommunikatioun ass net obligatoresch.

Aner méi ëmstridden Dispositiounen sinn am Laf vun onser Aarbecht ausdiskutéiert an och

ëmgeännert ginn. Eng éischt Diskussioun goung ëm d'Zentralisatioun oder d'Dezentralisatioun vun Datebanken. Soll een déi zentral Datebank net op déi allgemeng a manner sensibel Date beschränken an déi méi spezifesch a sensibel Donnéeën an de Schoulgebaier während enger relativ kuerzer Zäit halen? Dat war d'Fro, déi gestallt ginn ass.

Bei där Iwwerleeung muss et kloer sinn, dass och dezentral Datebanken an de Schoulen duerch strikt legal Dispositiounen musse geregelt ginn, wat héich spezialiséiert Personal verlaangt, fir all déi Dispositiounen ëmzesetzen. Eng zentral Datebank huet den Avantage, dass déi bescht Konditiounen vu Sécherheet an Technizitéit geschaaft kënne ginn. D'Responsabel vum Ministère hunn och drun erënnert, dass bis virun enger Rei Joren dezentral Datebanken iwwerall an de Schoulen entstane sinn, déi am Ufang ouni seriö Kontroll vun Zougang zu den Daten a vun der Iwwermëttlung vun Date funktionnéiert hunn. Et war eréischt de Règlement grand-ducal vum 20. Juni 2001, deem e geregelte Kader geschaaft huet.

Et bleift natierlech, dass et weider Fichieren an de Lycéeën an an de Schoule gi wäert, wou méi spezifesch lokal Donnéeë gesammelt ginn, déi nëmme fir déi Schoule vun Interessi sinn. Et wäert och weider perséinlech Schülerdatebanke ginn, zum Beispill vun Enseignantë fir hir Klass. Och bei deene muss séchergestallt ginn, dass se deene strenge Regeln zum Schutz vu perséinlechen Donnéeën entsprechen, déi an deem Projet an anere gesetzleche Bestëmmungen enthalen sinn.

Eng zweet Diskussioun goung iwwert de Risiko vun Abusë beim Zougang a beim Traitement vun de stockéierten Daten. Den Artikel 4 vum Gesetz gëtt all déi Quellen un, bei deenen Daten iwwer Schüler collectéiert kënne ginn. D'Gesetz beschreift genee, wat fir Quelle fir wat fir am Artikel 3 enthalen Zwecker Date gefrot kënne kréien. Esou kann am Fichier vun der Inspection générale - fir nëmmen dat Beispill ze ginn -, am Fichier vun der Inspection générale de la sécurité sociale fir d'Finalitéit 5 vum Artikel 3 Paragraph 1 d'Catégorie professionnelle vun de Représentants légaux vun de Schüler gefrot ginn, dat heescht fir Analysen a Fuerschung, awer nëmmen no Dépersonnalisatioun vun deenen Donnéeën.

Et soll och drun erënnert ginn, dass d'Gesetz vun 2002 iwwert den Dateschutz bestëmmt, dass déi Leit, déi Donnéeë gefrot kréien, iwwert d'Finalitéit an den Traitement vun den Donnéeën, déi se liwweren, informéiert musse ginn.

Den Artikel 4 Paragraph 5 vun onsem Gesetz seet och, dass Donnéeën iwwer Leit, iwwert déi Persounen, déi d'Donnéeën traitéieren oder traitéiert hunn, d'Informatiounen selwer, déi traitéiert goufen, den Datum an d'Auer vum Traitement enregistréiert ginn an dräi Joer laang gehale ginn, fir op déi Manéier och retracéiert kënnen ze ginn.

Artikel 4 Paragraph 7 seet weider, dass, wann de Schüler an eng Schoul vum Fundamental kënnt oder wann en an e Lycée ageschriwwen gëtt an dobäi perséinlech Donnéeë gesammelt ginn oder wann an engem anere Kontext Donnéeë vun him collectéiert ginn, d'Représentants légaux respektiv dee groussjährege Schüler individuell a schréfftlech informéiert ginn iwwert d'Finalitéit vum Traitement vun den Donnéeën, vun den Daten, d'Destinataires, d'Recht op Zougang dozou an och iwwer hiert Recht, déi Daten ze berichtegen.

Den Transfert vun Daten un aner Institutiounen an Organisme soll an Zukunft duerch eng ofgeséichert Kommunikatioun zwëschen informatische Systemer geschéien. An deem Zesummenhang kann ee soen, dass d'Bestëmmung vun deem Gesetz an der Logik vum Virgoe vun der Regierung leien, fir déi 700 besonnenesch sensibel Datebanke vun der öffentlecher Hand ofzesécheren, esou wéi de Cyber Security Board vun Lëtzeburger Stat dat zréckbehalen huet. Et ass och vun Interessi ze wëssen, dass de Stat a seng Datebanken net iwwert de gewéinlechen Internet fonctionnéieren, mä iwwer eegen, staark ofgeséichert Réseauen.

Här President, eng besonnenesch sensibel Fro ass déi vun der Schülerkaart, déi eng Foto begräift niewent dem Numm a Virnumm vum Schüler, dem Lycée, an deem en ageschriwwen ass, dem Gebuertsdatum, der Adress, wann d'Kaart fir de Bus gebraucht gëtt, dem Identifiant an der Matricule vun der Sécurité sociale a Form vun engem Code-barres.

Déi Schülerkaart ass eng offiziell Pièce d'identification fir Secondaireeschüler, déi eng Aart Passe-partout fir all Lycéesschüler duerstellt. De Schüler kann domat Bicher an der Schoulbibliothék léinen, Zougang zu gewësse Säll kréien oder och Zougang zu der Schoul oder zum Parking, Accès zur Fotokopie, d'Bezuele vu Kopien, Accès zum Schoulrestaurant an esou weider.

De Ministère de l'Éducation nationale wollt d'Foto vun de Schüler an der Schülerdatebank mat stockéieren. Souwuel de Conseil d'État wéi d'Commission nationale pour la protection des données hu sech dogéint gewiert, well dat biometresch Donnéeë wäeren. D'Kommissioun huet sech dorop géeneegt, dass d'Foto zwar op d'Kaart gesat ka ginn, mä innerhalb vun zwee Méint no dem Ausliwwere vun der Kaart automatesch an onwidderrufflech aus der Datebank verschwënnt.

Här President, eng wesentlech Fro bei all zentralen Datebanken ass den Émgang domat, dat heescht den Accès zu den Daten an d'Erlaabnis, Daten ze traitéieren. D'Regierung huet an deem Zesummenhang der Kommissioun matgedeelt, dass an de leschte fënnef Joer de Ministère de l'Éducation nationale e Système d'identification et d'accès fir déi insgesamt 80.000 Schüler an Enseignanten agefouert huet. Jiddwereen huet den Identifiant unique mat engem Nom d'utilisateur an engem Passwuert.

Fir déi ongeféier 10.000 Enseignanten ass den Identifiant un eng LuxTrust-Zertifikatioun gebonnen, a lues a lues soll déi ganz Schoulgemeinschaft esou e Certificat kréien, soudass den Accès zu den Applikatiounen, zu deenen déi eenzel Utilisateurs per Gesetz e Recht hunn, duerch eng staark Authentificatioun geséichert an doduerch och d'Traçabilitéit vun den Accèsen zu den Date kloer nozevollzéien ass.

Den Artikel 5 vum Gesetz leet fest, dass e System vu Gestiouen vun den Identitéiten an dem Zougangsrecht d'Aarbecht mat den Date per Règlement grand-ducal festleet.

Den Artikel 6 beziechent all déi Institutiounen an Drëttpersonen, fir déi de Ministère de l'Éducation nationale autoriséiert ass, perséinlech Schülerdate weiderzeginn. Dës sinn an der Haaptsaach Verwaltungen an öffentlech Établissements.

D'Finalitéit vun der Kommunikatioun vun Date muss ugi ginn. E Règlement grand-ducal soll genee d'Donnéeë beschreiwen. Och bei deem Artikel ass ganz restriktiv virgaange ginn.

Esou kritt den Transportministère zum Beispill fir d'Organisation vum Schülertransport nëmmen Donnéeën, fir den Transport scolaire individualisé ze organiséieren, an net fir de Schülertransport allgemeng.

D'Gemenge kréien nëmmen Donnéeën, fir d'Schoufflicht ze kontrolléieren, awer net zum Beispill fir aner Zwecker, wéi zum Beispill Bourssen ze verdeelen.

An och de Service National de la Jeunesse gouf an där Lëscht vun all deenen Institutiounen gestrach, grad wéi d'Uni Lëtzebuerg, well d'Finalitéit dovunner net kloer genuch war. D'Uni huet allerdéngs d'Méiglechkeet, nom Artikel 8 an Zesummenaarbecht mam Ministère de l'Éducation nationale perséinlech Daten ze gebrauchen, déi esou traitéiert ginn, dass et onméiglech ass, déi betreffend Persounen ze identifizéieren.

Op Wonsch vum Conseil d'État gouf och festgehalten, dass d'Donnéeën iwwert d'Nationalitéit an de Pays d'origine oder iwwer e Statut de protection internationale oder de Placement vun engem Mineur an enger Structure d'accueil net un Drëttpersonen communiquéiert däerfe ginn.

Wéi laang schlussendlech däerfen d'Donnéeë gespäichert bleiwen?

Am Ufank, wéi gesot, sollt dat 15 Joer laang méiglech sinn. De Statsrot huet sech deem opposéiert, och am Hibleck op d'Konventioun fir de Schutz vum Traitement vu Persounendate vum 28. Januar 1981, déi duerch d'Gesetz vum 19. November 1987 transposéiert gouf. Duerfir goufen d'Daten a verschidde Kategorien opgedeelt.

Fir sougenannt Études longitudinales kënnen d'Donnéeë siwe Joer laang nom Ofschluss vun der Schoul gehale ginn. Déi Donnéeë ginn dépersonnaliséiert.

All Donnée - zweet Kategorie -, all Donnée iwwer Remédiatioun, Dispensen, Absenzen, spezifesch Aménagements an der Schoul gi beim Ofschluss vun der Schoulzäit vum Schüler gelöscht.

Méiglech an noutwendeg bleift selbstverständlech, drëttens, den Archivage vun Informatiounen iwwert d'Diplomer an d'Zensuren, déi fir eng Zertifikatioun gebraucht ginn.

Dës sinn, Här President, déi wesentlech Bestëmmungen vun deem Gesetz. D'Kommissioun zesumme mat der Regierung huet déi Aarbecht intensiv duerchgefouert an, ech mengen, ass zu engem gudde Resultat komm, wat kann engersäits déi Datebank esou sécher wéi méiglech maachen, dee gréisstméigleche Schutz vun der Privatsphär garantéieren an och en effikass Instrument fir d'Organisation vun der Schoul sinn.

Dat gesot, Här President, géif ech selbstverständlech den Accord vun der LSAP zu deem Projet bréngen an ech bieden och d'Kollegen an d'Kolleginnen, deem zouzestëmen.

Merci villmools!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Ben Fayot. Als éischte Riedner ass den Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, Dir Damm an Dir Hären, Madame Minister, ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Här Ben Fayot, Merci fir säin exzellente schrëftlechen an och mündleche Rapport. Ech félicitéieren dem Här Fayot awer och virun allem fir seng kompetent, roueg a gedëleg Aart a Weis, wéi hien d'Sitzunge vun der Éducationskommissioun an deem Dossier, grad wéi iwwregens all Woch, leet.

Zum éischte Punkt: Den Dossier Schülerdatebank ass sécher ee ganz sensibele Gesetzesprojet. Et handelt sech ëm perséinlech Donnéeë vu meeschtendeels mannerjährege Leit, vu Kanner. Et ass u sech och näischt komplett Neies, wat mir haut maachen, well, wéi de Rapporteur virdu gesot huet, den „Fichier Scolaria“, dee gëtt et schonns zënter méi wéi zéng Joer an der Grondschoul grad wéi och d'Fichiers élèves an den eenzelne Lycéeën. An déi Fichieren, déi ginn elo an enger Datebank zesummegefouert.

D'Schülerdatebank gëtt elo mat engem Gesetz geregelt an net, wéi bis elo, mat engem Règlement grand-ducal. Et geet och net méi, dass all Schoul, verschidden Enseignanten aus duerch aus ëmmer gutt gemengte Grënn hir eege Fichieren dann opstellen. D'Sécherheet vun de Schülerdate gëtt mat deem Gesetzesprojet sécherlech méi grouss. Dat begréisst d'CSV-Fraktioun och ausdrécklech.

D'Chamber decidéiert nämlech haut mat, wat fir eng perséinlech Donnéeën zu wat fir engen Zwecker kënne gespäichert an och genotzt ginn. A jiddwereen, an dat ass wichtig, huet sech an Zukunft och un dee gesetzleche Kader ze halen. Mécht een dat net, da riskéiert ee Sanktiounen, och strofrechtlech Bestëmmungen.

Zweite Punkt: D'CSV deelt och d'Finalitéit, also de Sënn an Zweck vun esou enger Datebank. Éischtens d'Verbesserung vun der administrativer a pädagogescher Gestiou vun de Schüler, besonnenesch an engem Schoulkontext, deen, wéi de Rapporteur et virdu an preziséiert huet, vill evoluéiert. An zweetens d'Schafe vu besserer Rahmbedéngungen, fir d'Qualitéit vun dem Enseignement an Zukunft kënnen ze plangen an och ze präwien.

Drëtte Punkt, Här President: An Zukunft gi méi Schülerdate gespäichert. Dat soll een och kloer soen. Et kënnen och méi Acteuren dës Donnéeën, wéi bis elo, kucken. Dat Ganz muss an engem strikte Kader duerfir oflafen. An do spillt de Schutz vun der Privatsphär, ee Recht op Privatliwien, wat an eiser Verfassung verankert ass. De Schutz vun de perséinlechen Donnéeë gëtt och ausdrécklech an der EU-Grondcharta grad wéi iwwert déi europäesch Mënschenrechtskonventioun garantéiert.

De Schutz vun dem Privatliewe kann nëmmen duerch ee Gesetz limitéiert ginn, wann dës Aschränkung noutwendeg ass, fir engem héijeren Intérêt vun der Gesellschaft ze dëngen. An et spillt ëmmer, bei all deene Saachen, de Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet.

Aus deene Grënn huet och d'Lëtzeburger Datschutzkommissioun gefuerdert, dass d'Schülerdatebank misst duerch e Gesetz geregelt ginn an och huet se op de Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet higewisen. D'CSV deelt déi kritesch, mä ëmmer konstruktiv Avisen, déi an deem Dossier vun der Datschutzkommissioun, der CNPD, erakomm sinn.

Véierte Punkt: Déi ganz sensibel Elementer vum Gesetzesprojet si virun allem d'Späichere vun enger Foto vum Schüler grad wéi d'Informatiounen iwwert de kulturellen, sozioökonomesche Milieu vun der Famill vun Schüler. Ob d'Akommeskategorie vun den Eltere muss erfaasst ginn, do si mir als CSV-Fraktioun net esou iwwerzeegt. Duerfir hate mir mat der ursprénglecher Fassung vum dem Projet de loi och eenzel Bedenken. Ech soen herno dozou méi.

Dës Donnéeë ginn nämlech wäit iwwert dat eraus, wat am Gesetz vun 2009 iwwert d'Grondschoul virgesi war, nämlech de Respekt



vun der Schoufflicht, der Assiduitéit vun dem Schüler an der Kontroll vun dem Erfälle vun de Missiounen, déi d'Schoul nun eben emol huet.

D'CSV ass awer d'accord mat dem Gesetzesprojet, esou wéi en elo virläit.

Mir deelen d'Usicht vun der Regierung, fir méi Donnéeën ze späicheren. D'Missioune vun der Schoul haut gi méi wäit, wéi dat nach fréier de Fall war. Et geet duerfir net méi duer, fir einfach nëmmen d'Coordonnéee vun dem Schüler ze hunn. D'Schoul muss haut der soziokultureller Diversitéit vun hire Schüler Rechnung droen. Eventuell Inegalitéite mussen kënnen opgedeckt an och behuewe ginn. All Schüler muss eng fair Chance kréien, fir seng Schoul ze packen. De Schüler muss kënnen individuell begleet ginn, a mir sinn och duerfir als CSV mat enger méi breeder Datenoplëschtung averstanen.

Mä an der Contrepartie muss den Droit de regard, wat mat den Donnéeë geschitt, awer och séchergestallt ginn, jo, e muss verstärkt ginn. D'CSV begréisst duerfir, dass am Kontext vun deem Gesetzesprojet ausdrécklech op d'Applikatioun vun dem gesamten Dateschutzgesetz higewise gëtt.

Fënnefte Punkt: Ee Grondprinzip vun dem Dateschutzgesetz ass, dass all Traitement vu perséinlechen Donnéeën nëmme mat dem Accord vun der concernierter Persoun ka geschéien. Obligatoresch mussen duerch dëse Projet geliwwert gi vun den Elteren an dem Schüler déi klassesch Donnéeën, wéi den Numm, de Geburtsdatum, d'Adress, d'Telefonnummer, d'Nationalitéit. An derbäi kënnt nach fir de Schüler, wéi virdu gesot, och eng Foto.

Wat awer elo d'Informatiounen iwwert de familiäre Kader vum Kand an de Revenu vun den Elteren ugeet, esou mussen dës Informatiounen net obligatoresch geliwwert ginn. De Refus vun Indicationen iwwert de kulturellen, familiären a professionnelle Milieu kann net stroferechtlech sanktionéiert ginn. Liwwert eng Famill also keng Informatiounen iwwer hir Akommeskategorie, dann zitt dat keng Konsequenze mat sech. D'Eltere sinn also fräi, ze decidéieren, ob si wëllen dës Informatiounen ginn oder net. Dat ass fir d'CSV e wesentleche Punkt. An den urspréngleche Gesetzestext gouf och op deem Punkt geännert. Well et sech ëm e fräiwëllegte Liwwere vun dëse sensibelen Donnéeën handelt an net ëm eng Pflicht, kann d'CSV där Bestimmung och ouni Zweifel zoustëmmen. D'Verhältnisméissegkeet ass op deem Punkt erfüllt.

Här President, sechste Punkt: d'Identifikatioun am Gesetz vun de Persounen, déi Zougang zu dësen Donnéeën hunn. D'Gesetz iwwert d'Schoufflicht vun 2009 schwätzt vun Donnéeën, déi zwëschen dem Éducationministère, de Schoulen an de Gemengen ausgetosch ginn. De Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut ofstëmmen, erweidert de Krees vu Leit, déi mat dësen Donnéeën a Verbindung kommen. Dat sinn déi klassesch Verwaltungen a Servicer wéi d'Pensiouns- a Krankekeesen, den Éducationministère, de Familljeministère, d'Sozialversécherungen. Si kréien all Donnéeën an dës Donnéeë sinn net dépersonnaliséiert. Ob dozou och de CEPs/Instead muss derzougéieren, dat sief dohinnergestallt.

D'CSV begréisst, dass kloer am Gesetz festgeluecht ass, wien iwwerhaupt bannent dem Stat Accès zu den Donnéeën huet an zu wat fir engen Zwecker. Et ass och gutt, dass d'Gesetz festleet, dass muss während drai Joer kënnen notracéiert ginn, wie wéini wat fir eng Donnéeë vu wem gekuckt huet. D'CSV wëllt, dass all Moosname getraff ginn, fir dass et net zu eventuellen Abusé kënnt. Dofir mussen all Acteure mat dësem System a senger Sécherheetsbestëmmunge vertraut gemaach ginn. D'Sécherheetsmoosname mussen och an der Praxis applizéiert ginn. Mir brauchen eng Kultur vun dem Dateschutz an der Verwaltung, an dat zielt besonnesch fir d'Schülerdatebank.

Et dierf keng zweet Geschicht „médico-sportif“ méi ginn! E Verstouss géint den Dateschutz, dat ass kee Kavaliersdelikt. Wann esou eppes géif virkommen, besteet d'Dénonciations-, dat heescht d'Meldeflicht geméiss dem Artikel 23 vun dem Code d'instruction criminelle an dem Parquet mussen dann och, bei egal wem, Ross und Reiter genannt ginn. Administrativ mussen dann och déi néideg Konsequenze gezu ginn an eng eventuell Affär, déi dierf net ënnert den Teppich gekiert ginn.

D'CSV geet och dovun aus, dass geméiss dem Prinzip vun der Extensioen vun dem Droit d'accès méttelfristeg den eenzelne Schüler zu jiddwer Moment Abléck kann hunn, wat fir eng Donnéeë vun him zu wat fir engen Zwecker vu wem consultéiert goufen.

Siwente Punkt, elo méi fein: Fir d'CSV-Fraktioun ass et wichteg, dass de Gesetzesprojet festleet, dass d'Donnéeën un Dréttpersonen - zum Beispill fir Etüdenzwecker - nëmmen dépersonnaliséiert weidergi kënnen ginn. D'Date mussen esou dépersonnaliséiert ginn, dass et net méiglech ass, d'Leit ze identifizéieren, op déi sech dës Donnéeën iwwerhaupt bezéien.

Aachten a leschte Punkt: D'CSV-Fraktioun begréisst et, dass de Stockage vun der Foto vum Schüler net iwwert deen néidegen Zäitraum vun zwee Méint, wou d'Schülerkaart „myCard“ an der Maach ass, méiglech ass. Och hei gouf nogebessert an déi Endfaassung vun dem Projet de loi, esou wéi se haut virläit, dréit alle Bedenke vun der Dateschutzkommissioun an dem Statsrot op deem Punkt Rechnung.

D'Dateschutzkommissioun hat an hirem Avis kloer ënnerstrach, dass dat ee sensibele Punkt wier, well heizuland a kenger anerer Datebank eng Foto vu Leit stockéiert gëtt oder vill méi dierf ginn. D'Gemengen dierfen dat also och net maachen, obschonn dat an enger oft gutt gemengter Absicht an eenzelne Populationsbüro bis elo de Fall war.

Här President, dëse Gesetzesprojet gouf net zu Onrecht am Ufank kritiséiert, well en iwwert d'Zil erausgeschoss huet. De Projet gouf awer opgrond vun den Avisé vun dem Statsrot an der Dateschutzkommissioun adaptéiert. De Projet entsprécht a senger Endfaassung elo de Standarde vun dem Dateschutz. D'Éducationministesch war an dësem Dossier ganz kompromissbereit. Dat sollt och gesot ginn an dat verdéngt, Madame, eis Unerkennung. D'CSV stëmmt och duerfir dëse Projet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Roth. Als nächste Riedner ass den Här Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Och e Merci un de Rapporteur, deen effektiv hei déi Aarbechte mat ganz vill Feingefühl an och ganz vill Rou geleet huet. Bei deem Projet, dee mer haut de Mëtteg diskutéieren, geet et ëm e ganz sensibele Sujet, nämlech d'Sammele vu ganz perséinlechen Daten an Informatiounen iwwer Mënschen, jonk Mënschen, an och iwwert déi Fro, wéi de Stat mam Schutz vun dësen Daten a letztendlech mat dem Schutz vun der Privatsphäre vun de Bierger an de jonke Mënschen ëmgeet.

Ech mengen, deen éischten Text, deen d'Regierung virgeluecht hat viru bal zwee Joer, war extrem kontroverséiert an huet eigentlech, fir et emol esou ze soen, de Geck awer gemaach mat ville Prinzipen an Dispositione vum Dateschutz och vum entsprechende Gesetz vun 2002.

D'Avisé vum Statsrot a besonnesch och vun der Commission nationale de la protection des données, mä awer och aner Avisen, déi mer kruten, waren deementspriedend ganz kritesch a méi wéi eng Kéier ass ebe gesot ginn, dass d'Dispositionen am Gesetz inakzeptabel wieren. Den Text ass opgrond vun deene ville Kritiken op där enger oder anerer Plaz nogebessert ginn. Dat muss een unerkennen. Mä nach bleift fir d'DP den Text mat villen, ze ville Problemer a Risiko behaft.

Dësen Text an d'Uleeë vun der Datebank gëtt vun der Regierung jo domadder argumentéiert, dass een doduerer eng besser administrativ Gestiouen vun de Schüler kritt - jo, domadder kann een averstane sinn -, mä dass een awer och iwwert dee Wee kann e bessere Bléck op d'Schoul an hir Problemer werfen. Och do kann een am Prinzip domadder averstane sinn.

Et ass jo esou: D'DP ass wierklech net géint besser a méi pertinent Statistiken am Beräich vun der Schoul. Au contraire, mir hu méi wéi eng Kéier bedauert, dass et zum Deel u brauchbaren Donnéeë feelt, wann ee wëllt Analysen a méi pousséiert Recherchen iwwer eise Schoulsystem maachen, besonnesch och, wann et ëm Études longitudinales geet. Zu Lëtzebuerg gëtt et eng Rei Schwaachpunkten, wat de Monitoring vun dem Enseignement ugeet. Et feelt op där enger oder anerer Plaz u fiablen a repräsentativen Donnéeën, déi ee bräicht, fir och zum Beispill Reformen dorobber kënnen opzebauen.

D'Fro ass awer dann: Brauch een da wierklech elo esou eng flächendeckend a massiv Datenerhiewung vun all méiglechen Informatiounen iwwer all Schüler hei am Land? Ass dat wierklech d'Solutioun da vun all de Problemer? Kënnen mer mam „gliesenen“ Schüler, fir et emol esou ze soen, kënnen mer domadder all eis Problemer erkennen an dann och deementspriedend eis Schoul dorobberhi veränneren?

Brauche mer wierklech vun der Matricule iwwert d'Pai vum Papp bis hin zur Foto vun de Schüler all déi sëllech privat Donnéeën, fir méi kloer ze gesinn an eise Schoulsystem, fir dee besser kënnen ze verwalten? Ech ziele se elo

net allegueren op, mä wann ee kuckt am Gesetz, ech mengen, et sinn iwwer 50 Donnéeën, déi do gesammelt ginn, respektiv nach méi - ech hunn elo a Kategorie gezielt -, dat sinn enorm vill Donnéeën, déi hei digital stockéiert ginn.

Wéi gesot, et gëtt sécher Donnéeën, déi sënnavoll si fir Laangzäitëtuden. Et gëtt awer och Donnéeën, déi hei gesammelt ginn, déi net onbedéngt derzou wäerte bäidroen, dass eise Schoulsystem ka besser duerchlicht ginn a Bezuch op seng spezifesch Problemer. Well wat d'Experten ëmmer erëm soen, dat ass, dass een, wann ee spezifesch Problemer vun eiser Schoul wëllt analyséieren, dann eigentlech soll oder muss iwwer méi kleng Échantillone fueren, déi engem et dann erméiglechen, och vill méi differenziéiert ze analyséieren, méi pousséiert ze analyséieren an och méi differenziéiert Konklusiounen ze zéien. Besonnesch ass dat de Fall, wann et ëm soziokulturell Aspekter an der Schoul geet.

Méi cibléiert Etüden, méi punktuell Etüden erméiglechen och, dass ee méi schnell ka virgoen an dass déi Donnéeën och méi einfach kënnen anonymiséiert ginn an och méi einfach kënnen gelöscht ginn a virun allem, dass déi Donnéeën net herno an engem Zentralcomputer mat x aneren Donnéeë kënnen weidervernetzt ginn.

An deene leschte Joren hu mer jo awer iwwert dee Wee och eng Rei Erkenntnisser an eiser Schoul gesammelt. Mir wësse méttlerweil, dass Kanner aus sozial défavoriséierte Milieue méi Schwierigkeeten an der Schoul hunn. Mir wësse méttlerweil, dass Kanner mat Migrationshannergrond éischter Schwierigkeeten hu mat der däitscher Alphabetisierung. Mir wësse méttlerweil och, dass vill Lëtzeburgeresch Kanner méi Schwierigkeete mat der däitscher (veuillez lire: franséischer) Sprooch hunn. Dofir hu mer keng „Big-Brother-Datebank“ vun de Schüler gebraucht, mä dat ass, wéi gesot, iwwer méi cibléiert Etüde bei concernéierte Schoulpopulatiounen gemaach ginn.

An ech mengen, et ass och eng Illusioun, fir ze mengen, wann een elo esou eng enorm Datebank huet, herno bräicht een einfach dann nëmmen e Knäppchen ze drécken, fir dann och déi fäerdeg Solutiounen do erauszekréien, wéi een eis Schoul kéint verbessern. Virun allem, de Risiko ass, dass een hei eng enorm Datebank kreiéiert, ech géif soen, bal eng digital Deponie hei opbaut, mat all deene Risiko an Niewewirkungen fir de Schutz vun de Privatdonnéeë vun de Bierger hei am Land.

De Statsrot, de Conseil national de la protection des données, d'Chambre des Salariés, d'Studentenorganisatiounen, och ënner anere d'Commission consultative des droits de l'Homme hunn déi Bedenke gedeelt an och kritiséiert, dass ebe mat dësem Projet ze vill perséinlech Donnéeë gesammelt ginn, déi net onbedéngt noutwendeg sinn, fir en appropriéierte Monitoring oder fir eng noutwendeg Gestiouen vun eise Schoulen ze maachen.

Besonnesch an der Kritik stinn eben déi Informatiounen, déi iwwert de sozioprofessionellen an de soziokulturellen Hannergrond gesammelt ginn: Wat schaffen d'Elteren? Wat verdénge se? Si se bestuet, gescheet, wou komme se hier? Hei geet et ëm ganz privat, sensibel Donnéeën, déi, wa wierklech esou Donnéeë misste gebraucht ginn, eventuell a punktuelle Studien, wéi gesot, kéinten erhuewe ginn anonym, mä awer net, dass se solle flächendeckend gesammelt ginn an och iwwer e laangen Zäitraum gespäichert ginn.

Sécherlech, déi eng oder aner Donnéeën - mä Virriedner huet et gesot - kéinte fakultativ sinn. Mir wëssen, wéi dat geet, dass herno awer do eng Rei Eltere Formulieren ausfüllen, sech net bewusst sinn, wat se eventuell do..., firwat dass se do ënnerschreien, an dass herno awer vu ganz villen, vläicht net vu jiddwerengem, mä vu ganz ville Leit, vu ganz villen Elteren déi Donnéeën dann awer zentral gëréiert ginn. Ech mengen, d'Pai oder d'Akommes vun den Elteren, ob fakultativ oder net, ass a mengen Aen eng Donnée, déi iwwerhaupt guer keng Relevanz an enger Analys iwwert d'pädagogesch Problemer an der Schoul huet.

Mir kënnen e Kand hu vun engem Immigrant, deen, ech soen emol, eng Pizzeria oder soss e Restaurant opmécht, deen immens gutt funktionéiert a wou also d'Elteren éischter e ganz héije Revenu hunn, wou d'Kand awer eng ganz Rei Problemer vläicht kéint mat der Sprooch hunn. Mir kënnen och ëmgedrëit Kanner hunn aus lëtzeburgeresche Familljen, déi vläicht an engem Akommes leien, dat net ganz héich ass, mä wou sech vill ëm d'Kand gekëmmert gëtt, dat gutt encadréiert ass, dat vläicht och nach mat deenen néidege groen Zelle vun Ufank un ausgestattet ass, dat dann also e ganz anere Parcours mécht, wéi dat vläicht op den éischte Bléck kéint sinn, wann een awer seet: Eng héich Pai ass automatesch e Schüler, deen et méi einfach huet, eng niddreg Pai oder en niddregt Akommes ass de Géigendeel.

Ech mengen, esou Donnéeën, déi ginn eigentlech keen eppes un, ausser vläicht d'Steieramt, mä soss awer net an iergendenger Form eng administrativ Verwaltung an der Schoul. Firwat brauch een d'Matricule vun engem Schüler an den Elteren? Wat bréngt et der Etüd zum Beispill, wann een déi Matricule kennt, wann een eng Etüd wëllt maachen iwwert d'Verbesserung vun dem Wëssen an de Sciences naturelles?

Wéi gesot, sécher gëtt et och an all deenen Donnéeën, déi een hei sammelt, der, déi fir reng administrativ Zwecker gebraucht ginn. Dat ass besonnesch um Niveau vun de Schoulen: Déi eenzel Schoule brauchen zum Beispill Adressen, fir Bulletinen ze verschécken, fir d'Circularen ze verschécken, déi Schoule brauchen och eventuell eng Foto. Mä an eisen Ae sollen dann esou Donnéeën, déi wierklech fir d'Administratioun gutt sinn an der Schoul, déi sollen dezentral um Niveau vun der Schoul ugeluecht ginn a gëréiert ginn. An de Stat, dee soll, neen, dee muss sech dann awer drop beschränken, dass awer ganz kloer Virgaben un d'Schoule ginn, wat fir eng Donnéeë se dierfen ophiewen a wéi da kloer mat deenen Donnéeë verfuert gëtt, besonnesch am Respekt vum Dateschutz.

Ech mengen, dat ass jo och dat, wat ëmmer erëm an deene kriteschen Avisé virkomm ass, besonnesch och an deem vun der Commission nationale de la protection des données. Si hu sech wierklech besuergt gewisen, dass ze vill Donnéeën eben zentral gesammelt ginn an dass een do eben op eng Aart a Weis virgeet, déi awer ganz oft am Konflikt zu verschiddenen Dispositione vum Dateschutzgesetz vun 2002 steet.

Als Beispill kann een dat huele vun der Foto vun de Schüler. D'CNPD huet jo wierklech missen drop insistéieren, dass eng Foto eng «donnée biométrique et personnelle sensible» ass an dass déi net dierft permanent an engem zentrale Computer am Éducationministère stockéiert ginn, wéi dat jo awer am éischte Worf vum Projet virgesi war.

Sécher, et ass nogebessert ginn, mä awer nëmmen hallefhäerzeg. Et ass dobäi bliwwen, dass awer d'Fotoe kënnen während enger Zäit zentral gespäichert ginn. An och, wann dat nëmmen zwee Méint sinn, dat ass eng Zäit, wou ee weess, wann ee wëllt an e Computer eran, wann ee wëllt Mëssbrauch maachen, dann ass een do an zéng Sekonnen, an enger hallwer Minutt dobannen. Do sinn eigentlech zwee Méint och scho vill ze laang. An dat gëtt et och fir keng aner - ech soen elo emol - Kaarten, déi hei am Land gemaach ginn, och emol net fir d'Carte d'identité!

Här President, et muss ee sech bewusst sinn, dass mer hei mat dësem Gesetz eppes opbauen, wat et och bis elo nach net am Land ginn ass. Hei gëtt elo wierklech systematesch vun all Schüler, wierklech all Schüler, systematesch eng detailléiert digital Fiche mat ville wäitreechenden Informatiounen opgestallt an zentral gelagert, ouni dass een hei definitiv kann d'Confidentialité vun deenen Donnéeën an de Schutz vun deenen Donnéeë sécheren.

Hei ass et jo: Am Fong geholl fänke mer hei bei de Schüler un, mä herno hu mer eng Datebank, wou mer hei net nëmme vun all Schüler - mä dat sinn herno déi erwuesse Persounen - en ëmfaassende Fichier hunn, mä vun all Bierger hei am Land praktesch een hunn. An et gëtt keng Datebanken, déi honnertprozenteg sécher si géint Geforen, géint Ugrëff an Hacking.

Virun allem och: Et sinn a bleiwen d'Mënschen, déi hannert deene Computere sëtzen, déi déi Donnéeë gëréieren, mat hire Stærkten a Schwächen, déi esou Bases de données verwalten, déi dann och e Risiko oder Schwaachstellen duerstellen. Mir wësse jo spéitstens säit der Affär „Médicoalek“, dass et besonnesch beim Stat a senger Verwaltung bis haut keng richtig Sécherheetskultur am Verwalte vun de Bases de données gëtt.

An och hei muss ech soen, de System LuxTrust, op dee gäre verweise gëtt, deen den zoustänneg Minister jo och gären an d'Vitrine stellt, dat ass keng absolut Garantie, dass net awer vu baussen ee kann an de System erakommen an u sensibel a perséinlech Donnéeë kommen. Och wann ee beim Stat en interne Réseau huet, ass dat keng absolut Garantie: Wann de Beamten un engem Computer sëtzt an dee Computer ass awer un den Internet, un de weltwäite Réseau ugebonden, heescht dat och, dass dee Computer op där anerer Säit mat dem interne Réseau verbonden ass, dass awer do eigentlech d'Schwaachstell och dee Computer ass, dee souwuel un den Internet wéi och un den interne Réseau ugebonden ass.

An ech mengen, déi rezent Attacke vun „Red October“ - net méi spët wéi elo haut hu mer dat jo an der Zeitung gelies vun „Italduke“, fir et emol esou ze nennen, oder ech weess net, ob ech et elo richtig ausgeschwat hunn - op Computere vun Département-ministériellen



hunn dat jo nach eng Kéier ganz däitlech ge-
maach. Wat fir e Mëssbrauch kéint esou eng
Attack urriichten, wa se géif zum Beispill an
deen enormen Zentralfichier, dee mer hei elo
schafen, wann een do géif eragoen! Do hätt ee
jo wierklech um Zerwéierplateau all d'Informa-
tiounen oder enorm vill Informatiounen vun all
Schüler, ebe vun der Foto bis iwwert de Beruff
an eventuell d'Krankegeschicht vun den Elte-
ren, bei deene Kanner eben, oder vun den El-
tere vun de Kanner.

Ech mengen awer, dee gréisste Problem mat
dësem Gesetz - ech mengen, hei si jo nach Saa-
chen, wou ee kéint soen, okay, mat e bësse
guddem Wëlle kéint een do mat deene Saa-
chen d'accord sinn; wéi gesot, et sinn awer ze
vill Donnéeën! -, dee gréisste Problem mat dë-
sem Gesetz ass awer bestëmmt, datt et och
nach méiglech gëtt, datt déi Schülerdatebank
mat anere Fichiere ka vernetzt ginn, an och,
datt ze vill Leit hei Zougrëff op eenzel Fichieren
hunn oder se kënne matenee vernetzen.

D'Experten, déi warnen ëmmer erëm virun de
Gefore bei den Transmissiounen oder der Ver-
netzung vu verschiddene Base-de-donnéeën.
Zentralfichiere mat vernetzten Datebanke si
Gefore vu baussen ausgesat, mä maachen awer
och ëmmer erëm d'Dieren op fir Mëssbrauch
vu bannen. Ech wëllt wierklech kengem Beam-
ten am Virus hei eppes ënnerstellen, mä de
Risque vun inappropriéierte bis béiswëllegen
internen Zougrëff op dës Daten oder op
d'Kombinatioun vun Daten herno aus verschied-
dene vernetzten Datebanken ass ni ganz ausge-
schloss. Do kann ëmmer iergendwou ee sëtzen,
deen op de Knäppchen dréckt, dee kann ofruffe
respektiv Mëssbrauch domadder maachen.

D'Experté soen, de Facteur Mënsch ass a bleift
dee gréisste Risiko bei der Gestiou vun Date-
banken. Mir hunn dat hei kannt zu Lëtzebuerg.
Ech hu virdrun „Médicoleak“ genannt, mir ken-
nen dat och am Privatsektor. Ech wëll nëmmen
erënneren drun, datt eng grouss Bank hei zu
Lëtzebuerg an der Zäit enorm, enorm Pro-
blemer krut, well do ee Beamten och virun
engem Computer Zougrëff hat op ganz vill
Donnéeën, déi eigentlech net geduecht ware
fir no baussen.

An hei eben, dat ass jo de Problem besonnesch
hei an dësem Text, hei kritt den Éducatiouns-
ministère, hei kréie Beamte mat dësem Text d'Er-
laabnis, fir sech a mengen Aen an erschreckend
vill Datebanke vum Stat anzeloggen a fir sech
do eben och d'Donnéeën ze huelen. Den Édu-
catiounsministère an d'Beamten, déi kréien
d'Erlaabnis, fir an net manner wéi eelef staat-
lech Base-de-donnéeën eranzegoen. Si kréien
domat Zougrëff op de Registre général des per-
sonnes physiques et morales, op d'ADEM, op
de Fichier vun de Studenteboursses, op Fi-
chiere vun der Sécurité sociale, vun den Alloca-
tions familiales - ech misst elo de Projet de loi
huelen, fir se all opzezielen - bis hin zum Fichier
vum Service des immigrés.

Also, hei kréien den Éducatiounsminister res-
pektiv seng Delegéiert Accès op esou Fichieren
zougestane. Hei kéint een eigentlech soen, hei
kritt den Éducatiounsminister eng Lizenz fir
d'Konsultatioun vu Fichiere vun ënnerschiddle-
che staatleche Stellen ausgestallt, wou een
eigentlech kéint soen, de SREL wier souguer
neidesch, well e keng esou eng Lizenz huet, fir
an d'Computeren an d'Systemer vum Stat
eranzegoen.

Ech mengen, esou e Fräischäin fir den Éduca-
tiounsministère, fir Zougrëff op x verschidden
aner sensibel Base-de-donnéeën ze hunn, steet
och eigentlech guer net méi an der Relatioun
mat den Objektivier vum dësem Gesetz, fir
Etüden iwwer eise Schoulsystem ze maachen.

Et versteet een awer elo wéinstens, firwat datt
een och d'Matricule vun all Schüler wëllt sam-
melen a vun den Elteren. Dat hunn ech mech
jo virdu gefrot: Firwat brauch een déi? Jo, déi
Matricule, déi gëtt virun allem hei gebraucht
als Schlëssel, fir un déi aner Donnéeën eru-
nzekommen, well dat ass jo e bësse esou, déi
Matricule ass de Schlëssel, fir an déi digital
Pandora-Box eranzekommen. Well et ass jo
gewéinlech, datt een hei duerch déi Matricule
an der digitaler Welt identifizéiert ass, a mat
deem Schlëssel kann een also dann iwwerall an
aner Fichiere sech schnell eng Persoun erausfë-
schen.

Fir eis ass et awer och gradesou bedenklech a
praktesch inakzeptabel, datt et och méiglech
ass, datt ëmgedréit Informatiounen aus der
Schülerdatebank un net manner wéi 14 aner
Verwaltungen a Ministère kënne weiderge-
recht ginn.

Firwat sollen iwwerhaupt eng Rei aner Departe-
menter perséinlech Donnéeën aus där Schüler-
datebank kënne kréien? Wat bréngt dat der
Étude longitudinale iwwert d'Qualitéit vun der
Schoul, oder der administrativer Gestiou vun
de Schüler an hirem Lycée?

Wann de Schülertransport soll besser organi-
séiert ginn, da soll een dem Transportministère

soen, wéi vill Schüler vun A a B an e Lycée solle
gefuert ginn, awer net fir perséinlech Daten
ze ginn. Wann de Schüler wëllt e perséinlechen
Transporttitel kréien, da soll en dat wéi an der
Vergangenheet och selwer kënne maachen a
selwer décidéieren.

An dann, stutzeg gëtt een awer och, sinn ech
och do ginn an deem Text, wann dann op
eemol dosteet, datt och de Gesondheitsminis-
tère soll därfe perséinlech Daten aus där
Schülerdatebank huelen, fir zum Beispill Analy-
sen iwwert d'Gesondheet vun de Schüler ze
maachen. Do kann ee sech jo da virstellen, wat
een do ka matenee kombinéieren. Gesond-
heetsparcoursé mat soziokulturellen Donnéeën
vun de Bierger kann e kombinéieren. Dat si jo
awer wierklech héich perséinlech Profiler, déi
do iwwert d'Bierger kënnen erstallt ginn, ouni
datt se vläicht herno emol iwwerhaupt eppes
dovunner wëssen.

Dëse Projet de loi, deen erméiglecht och zum
Beispill, datt den Éducatiounsministère de Pri-
vatschoulen am In- an Ausland Donnéeën
iwwert de Schoulparcours gëtt. Dat ka vläicht
vum der Zensur bis awer och hin zu Disziplinar-
verfahren, oder wat weess ech, sinn.

Dierf de Stat Provider aus där zentraler Date-
bank vu perséinlechen Date sinn u Privatorga-
nisatiounen, u Privatschoulen?

Doriwwer eraus muss ee jo wëssen, bei deem
Computer vun enger Privatschoul, déi do déi
Donnéeën kréien, do sëtze jo keng veredeegte
Beamten. Do sëtzen dann einfach Beamten, déi
dës Donnéeën da benotzen a kënne weider-
benotzen oder weiderkombinéieren

Ech kéint hei eigentlech nach weiderfuere, fir-
wat nach e sëllechen aner Verwaltungen, also
insgesamt 14 Verwaltungen, Gremien, dat geet
also och Privatschoule bis CEPS/Instead, déi
kréien eigentlech erlaabt mat dësem Text, datt
se kënne sech Donnéeën froe respektiv datt se
eventuell sech och kënnen dann an där Date-
bank - ech soen emol salopp - zerwéieren.

An hei gëtt jo och dann de Risikofaktor vum
Mënsch mat 14 multiplizéiert, wann och
nëmmen all Kéiers ee sech do an deenen en-
gen oder anere Verwaltungen ëm déi Traite-
menter vun deenen Donnéeën bekëmmert. Ech
mengen, hei ass et kloer, hei an deene Punkten,
do schéisst d'Gesetz wäit iwwer seng Objektiv-
er aus a bréngt wierklech grouss, grouss Ge-
foren a puncto Dateschutz mat sech.

Och d'CNPD, d'Commission nationale pour la
protection des données, huet insistéiert, datt
«un nombre très, très restreint» vu Persounen
nëmmen dierften Zougang zu all deene sëlle-
chen Date kréien. Dëse Projet, an eisen Aen,
respektéiert déi Fuerderungen net.

Letztendlech ass an eisen Aen och, datt en do
net nëmmen d'Philosophie, mä och d'Grond-
prinzipië vu verschidden Dispositiounen vum
Dateschutzgesetz vum 2002 net respektéiert.

Här President, ech kommen zum Schluss, ech
gesinn, datt meng Riedezäit esou lues ofgelaf
ass. Ech mengen, fir d'Demokratesch Partei,
Här President, ass a bleift de Schutz vun de per-
séinlechen Date vum eenzelne Bierger e funda-
mentaalt a wichtegt Recht, dat mat alle
Moyenë muss verdeidegt ginn. De Stat huet hei
eng wesentlech Roll ze iwwerhuelen a muss
sech eigentlech dobäi alsieweschten Date-
schützer ervirduen. Hie muss alles ënnerhuelen,
fir dëse Schutz optimal ze garantéieren.

Mat dësem Projet de loi mécht d'Regierung dat
an eisen Aen awer net. Au contraire, hei gëtt
eng enorm Datebank geschaf, wou all jonke
Mënsch massiv fichéiert gëtt. Virun allem
duerch d'Gestiou an d'Vernetzung vun der
Base de données mécht d'Regierung hei
d'Diere grouss op fir eventuell e Mëssbrauch vu
perséinlechen Daten an domadder letztendlech
der perséinlecher Integritéit vun de Bierger.

D'Demokratesch Partei wäert duerfir dëse Pro-
jet net stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger.
Als nächste Riedner ass den Här Adam
agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här
President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, de
Projet, dee mer haut diskutéieren, huet nach
ëmmer d'Nummer 6284 an heescht och nach
ëmmer Projet de loi relatif aux traitements de
données à caractère personnel concernant les
élèves.

Dat ass genau déiselwecht Nummer a genau
deeselwechten Numm wéi dee Projet, deen de
17. Mee 2011 déposéiert ginn ass, mä dee Pro-
jet, dee mer haut votéieren, huet eigentlech
net méi vill mat deem Projet ze dinn, deen dé-
poséiert gi war. An dat glécklecherweis, well
dee Projet - an dat ass vläicht deen eenzege
Punkt, wou ech mam Président-rapporteur net
ganz averstane sinn a sengem Virtrag hei -, dee
Projet, deen déposéiert war, dee war mer do ze
frëndlech an ze fein.

Dee Projet, wéi en hei déposéiert war, deen hat
wierklech grave Lacunen. Mir haten dee laang
a breet, och als Gréng an eise Gremien disku-
téiert, a mir hätten deen net kënne matdroen,
aus enger ganzer Rei Ursaachen, déi zum Deel
hei opgefuert gi sinn, ugefuert gi sinn.

Zum Beispill war do dran, datt d'Donnéeën 15
Joer laang géife versuergt ginn, an zwar all
Donnéeën. Do stoung dran, datt et eng Kom-
muniatioun mat Drëtte géif ginn, zum Beispill
mat der Uni Lëtzebuerg, mam SNJ, mam CEPS/
Instead, ouni datt missten déi Donnéeën dé-
personnaliséiert ginn - oder dat stoung wéins-
tens net genügend am Gesetz.

Déi Terminologie, déi an deem éischte Projet
verwennt ginn ass, déi war net d'selwecht wéi
déi am Gesetz vum 2. August 2002 iwwert
d'Protection des personnes à l'égard du trai-
tement des données à caractère personnel.
D'Finalitéit vun der Kreatioun vun där Base de
données, déi waren och net genau genuch
festgehal ginn. Et war eigentlech e Projet,
deen an deem Geescht geschriwwen war: Mir
sammele méiglechst vill a wëlle méiglechst vill
domadder maachen. Dat wär fir eis net akzep-
tabel gewiescht.

D'Recht op Informatioun an Asiicht op déi ge-
sammelt Date war och net fest genuch veran-
kert. An och d'Recht, fir falsch Daten ze redre-
séieren, stoung net tel quel an deem éischte
Projet. An et war och net kloer, wéi eng Don-
néeën datt missten obligatoresch gi ginn a wéi
eng datt fakultativ wieren. An duerfir huet...

An da sinn ech awer erëm am Fridde mat dem
Président vu menger Kommissioun, deen hei zu
Recht gelueft ginn ass. Mir hunn an der Kom-
missioun laang iwwert dat Gesetz diskutéiert.
Mir hunn eng éischt Serie vu 17 Amendemen-
ter gemaach, fir aus deem Gesetz hei e bessere
Projet ze maachen, fir och op déi Awänn, déi
vum Statsrot komm sinn, an op déi Awänn,
déi vun der Commission nationale pour la pro-
tection des données komm sinn, anzegoen. Mir
hunn nach eng zweet Serie vun erëm eng Kéier
siwen Amendementer gemaach, an du si mer
schlussendlech dann zu engem Gesetzesprojet
komm, deen ech kann als ganz akzeptabel be-
zeichnen.

Ass dat akzeptabel oder ass et ee gutt Gesetz,
wat mer dann haut virleien hunn?

Et ass wierklech schued, datt den éischte Projet
awer esou vill Lacunen hat, well dat huet all déi
Avisen, déi waren negativ an déi hänke mer elo,
déi zéie mer ëmmer nach mat ronderëm, mä
déi bezéie sech op eng ganz Rei Kritiken, déi
mer redresséiert hu mat dësem Projet.

Ech sinn der Meenung, datt dee Projet, wéi
mer en elo hei virleien hunn, ee ganz grouss
Virdeel huet par rapport zu der aktueller Situa-
tioun. An ech géif mer och wënschen, datt mer
a ganz villen anere Beräicher vun der Protection
des données déiselwecht Standarden hätten,
wéi mer se elo hei fir d'Schoule kréien.

Et ass jo gesot ginn, d'Schoulen hunn nach ëm-
mer Donnéeën vun hire Schüler opgehol, dat
ass noutwendeg. Eng Schoul mécht eng Ges-
tioun vun de Klassen, vun den Noten, vun den
Adresse vun hire Schüler. Ech ka mech nach un
Zäiten erënneren, wou mer am Registre de
classe opgeschriwwen hunn, wéi eng Relioun
datt d'Kanner hätten. Déi Zäite si scho laang
eriwuer. Den Här Fayot huet gezielt vun Ziede-
len, déi a Këschte gesammelt gi sinn.

Ech soen awer och, datt et hei zu Lëtzebuerg
eigentlech eng Onkultur vun Datesammele
gëtt, selbstverständlech dépersonnalisierter,
well wann ee probéiert, d'Geschicht vun der
Lëtzeburger Schoul zrëckzetracéieren, dann
huet ee Problemer. Ech hunn dat scho studi-
méisseg probéiert, also dee Wiessel zum Beispill
vun eisen Duerfschoulen op d'Zentralschoulen,
et ass ganz schwéier, do Dokumentatiounen ze
fannen, fir iwwerhaupt ze erklären an ze ver-
stoen, wéi eis Schoul sech entwéckelt huet.

Natierlech muss een, ëmmer wann een Date
sammelt, d'Devis hunn: Mir dierfen nëmmen
dat sammelen, wat mer onbedéngt brauchen,
a mir sollen esou vill wéi..., esou mann wéi
méiglech sammelen. Et ass och kloer, datt mer,
wa mer dat da sammelen, ee kloert Zil mussen
hunn, an dat Zil muss och prezis beschriwwen
sinn, firwat mer déi Date sammelen. Et ass och
kloer, datt mer déi Daten net méi laang sollen
dierfen halen, wéi et muss sinn. An et ass och
kloer, datt, wann déi Daten net méi gebraucht
ginn an no där Zäit, déi gesetzlech festgehalen
ass, déi da musse komplett vernicht ginn.

Genausou wichteg ass et, datt den Accès zu
deenen Donnéeën muss ageschränkt sinn a sé-
curiséiert sinn. An et ass och wichteg, datt déi
Persoun, déi concernéiert ass, net nëmmen in-
forméiert muss ginn iwwert dat, wat an hirem
Dossier ass, mä och muss kënnen nokucken,
wie sech da fir hir Donnéeën interesséiert huet
a wéini datt dat geschitt ass.

Ech sinn der Meenung, mir sinn der Meenung
als Gréng, datt de Projet de loi, dee mer haut

virleien hunn an där leschter Versioun, déi mer
dann och haut zum Vote hunn, deenen Exigen-
zen nokënn. Mir sinn der Meenung, datt dëst
Gesetz eng Noutwendegkeet ass, well mer jo
iwwerall schonn d'Bases de données hunn an
eise Schoulen, awer déi net op enger adequater
legaler Basis berouen. Dat war iwwregens och
e Fait, dee vun der Commission nationale pour
la protection des données ugefuert ginn ass.

Et ass hei schonn e puermol ugeschwat ginn:
Natierlech stellt ee sech d'Fro, ob déi Kollekt
vun Donnéeën aus dem kulturellen, familiären
a professionnelle Milieu, ob déi Donnéeën nout-
wendeg sinn, ob een déi iwwerhaupt muss
froen, an ob dat dann de Stat misst sinn, deen
esou eppes freet, oder ob dee sech dann do
eventuell schonn ze wäit an d'Privatlieue vun
de Schüler a vun den Elteren amëscht.

Da muss een awer emol fir d'Éischt kucken: Wat
sinn dann dës geheimnisvoll privat Donnéeën,
déi mer froen? Ech zitieren aus dem Gesetz. Et
sinn déi Donnéeën «1. première langue et, le
cas échéant, autres langues parlées au domi-
cile; 2. rang des frères et sœurs;...» 3. d'Land
vum Origine a wéini datt d'Leit an d'Land
komm sinn; «...4. niveau d'études, catégorie
professionnelle et niveau de revenus des repré-
sentants légaux de l'élève».

Et gëtt eng Rei Deputéierten, déi soen, datt et
einfach net néideg ass, esou eng Donnéeën ze
sammelen. Virun allem d'CSV huet sech ë bësse
schwéiergedoen domat, datt mer froen nom
Verdängscht vun den Elteren.

Ech weisen awer drop hin, datt am Artikel 3
vum Gesetz steet, datt déi Donnéeën mussen
dépersonnaliséiert ginn, déi lescht hei, vun
deenen ech geschwat hunn, ier se kënnen u
weider Leit virugi ginn. An zwar kënne se jo
nëmmen u Leit virугоen „pour des raisons
d'analyses et de recherches“, fir datt mer
kënnen am Enseignement eng intelligent Édu-
cationspolitik hei am Land maachen.

déi gréng sinn der Meenung, datt et einfach
wichteg ass, Données de base fiables ze hunn,
fir kënnen eng intelligent Éducatiounspolitik ze
maachen. Mir hunn op ville Plazen an op villen
Niveaue bedauert, datt mer keng besser Statis-
tiken zur Verfügung hunn. Duerfir si mer frou,
datt mer elo endlech eng gesetzlech Basis
kréien, wou mer déi Donnéeën kënnen asamme-
len, déi mer brauchen.

Mir hu jo och schonn zum Deel där Donnéeën
agesammelt, wou och hei ugeschwat gëtt. Mir
si frou driwwer, datt mer zum Beispill Don-
néeën hunn iwwert déi éischt Sprooch, déi do-
heem geschwat gëtt. Zënter zwee, dräi Joer hu
mer an de Chiffres clés vum Ministère effektiv
dann den Hiwäis drop, datt mer bei eis an de
Spillschoule mëttlerweil däitlech méi Kanner
hunn, déi net als Mammesprooch Lëtzebuer-
gesch hunn, mä déi eben dann eng aner
Sprooch hunn.

Mir wëssen awer, datt mer zu Lëtzebuerg zën-
ter ëmmer an éiweg Däitsch par assimilation
léieren. An do stellt sech natierlech, wann een
déi Donnéeën hei huet an et weess een, majo,
méi wéi d'Halschent vun de Kanner hunn net
méi Lëtzebueresch als déi Sprooch, déi se am
beschte kënnen, da musse mer och eng Kéier
bereet sinn, doraus Konsequenzen ze zéien a
mir mussen eisen Unterrecht anescht organi-
séieren. Duerfir ass esou ee Wëssen einfach
wäertvoll; datt brauche mer, fir kënnen eng
Éducatiounspolitik ze plangen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - En anert
Beispill, wat seet, datt mer déi Donnéeën
iwwert d'Catégorie professionnelle an iwwert
den Niveau de revenus vun de Schüler hiren El-
tere brauchen, ass d'Rechnung vum Con-
tingent. Elo kann ee kritiséieren, datt mer... Dee
Contingent, dee gëtt jo och öfters kritiséiert.
Mir hunn en 2009 mam Schoulesgesetz age-
fuert. Et kann ee kritiséieren, datt de Con-
tingent ze vill rigid ugewannt gëtt. Et kann ee
kritiséieren, datt vläicht d'Kritären ze streng
sinn.

Ech stellen emol einfach an de Raum, mir ginn
dovun aus, 16 Schüler sinn an enger Klass, an
d'Majoratioun fir Schoulen an engem sozial de-
favoriséierte Milieu ass bei engem Maximum
vun 20%. Et kéint ee jo och soen, dat misst méi
sinn. Ech sinn awer der Meenung, a mir sinn
als Gréng der Meenung, datt d'Iddi vun engem
Contingent, deen et erméiglecht, d'Stonnen-
zuel pro Schoul eropzesetzen op Basis vun
engem Indice social, datt dat eng Iddi ass, déi
richteg ass an déi valabel ass. An duerfir brauch
een dann och d'Donnéeën, fir esou ee Con-
tingent kënnen ze rechnen.



Et gëtt nach weider gutt Ursaachen, fir esou Donnéeën ze froen. Et ass och scho vun der Etüd MAGRIP geschwat ginn. Natierlech sinn där Donnéeën och scho virun deem Gesetz hei opgehuewe ginn. Ech froe mech allerdéngs heiansdo, op wéi wackelege Fouss datt esou Donnéeë waren, déi mer an der Zäit gefrot hunn oder froe gelooss hunn. Dann ass et mir awer schonn e bessert Gefill, wann ech weess, datt mer elo dat geregelt hunn.

Weider Etüden, PISA a PIRLS, déi kann een och kritesch kucken. Ech mengen, mir sollen eis et awer net leeschten, fir einfach déi Resultater oder déi Erkenntnisser, déi mer do kritt hunn, carrément ze ignoréieren.

An nach ee lescht Beispill, wat ech hei wëll uféieren: Mir hunn am Joer 2009/2010 1.660 Schüler gehat an eise Statistiken, déi d'Schoul ouni Diplom verloossen. Dovu sinn der ronn 600 Décrocheurs permanents. An - dat muss een och soen - 398, déi hu mer trotz allen Effortë vum ALJ net erëmfonnt. Mir ginn dovun aus, datt d'Majoritéit vun deene Schüler wahrencheinlech net méi am Land ass.

Mir sinn der Meenung, och wann een den Décrochage scolaire wëllt bekämpfen, da muss ee wëssen, wien déi Décrocheurs scolaires sinn, wie riskéiert, d'Schoul opzeginn. A mir sinn och der Meenung, datt, wann ee Véirel vun deene Schüler, déi als Décrocheurs permanents gefouert ginn, wann een net weess, wou déi dru sinn, dat ass och weineg zefriddestellend.

Duerfir widderhuelen ech nach eng Kéier: déi gréng sinn der Meenung, datt mer eng Base de données fiable brauchen, fir eng intelligent Éducationsspolitik ze maachen.

Elo ass dann natierlech och d'Fro opgeworf ginn, virun allem vum Här Berger och: Mussen dann déi Donnéeën alleguerter bei engem Ministère de l'Éducation nationale zentral gelagert ginn?

Mir hunn eis als Gréng déi Fro och gestallt. Aus dem Bauch eraus hätte mer gesot: Neen, dat gëtt jo eng ganz geféierlech Saach. Mir hunn eis awer informéiert. Net nëmmen d'Spezialiste vum Ministère, och aner Spezialisten an der Matière hu gesot, wann Der wëllt séchergoen, dann ass de Wee vun enger zentraler Späicherung dee Wee, dee méi Sécherheet garantéiert, wéi wann dat...

An ech kommen och net derlaanscht, dat, wat den Här Berger beschriwwen huet, mir brauchen Donnéeën a mir gi se e bëssen hei sammeln, e bëssen do sammeln, dat ass fir mech éischter een Horrorzenario, wéi een net soll mat sensibelen Daten ëmfueren.

(Interruption)

Duerfir si mir schonn der Meenung, déi Zentralisation erlaabt eng Professionalisation. An déi Sécherheeten, déi verlaange mer. Et ass eis natierlech och, gradesou wéi, mengen ech, all deenen anere Riedner, déi hei geschwat hunn, läit d'Sécherheet vun deenen Daten eis als Gréng natierlech och um Häerz.

An duerfir ass jo eben den Accès un déi Donnéeën an d'Méiglechkeet, fir déi Donnéeën ze verschaffen, dat ënnerläit enger strikter Reglementation. An et ass och ganz kloer, déi Donnéeën iwwert d'Nationalitéit an iwwert de Pays d'origine an och iwwer en eventuelle Statut de protection internationale oder iwwer e Placement, déi dāferen iwwerhaupt net weiderkommunizéiert ginn.

Den Accès un déi Donnéeën ass natierlech déi Schwaachstell, wann een et esou hält, vun esou engem zentraliséierte System. Duerfir müssen hei och besonnesch Regeln agefouert ginn. Mir mengen och, datt dat an dësem Gesetz zur Genüge gemaach ginn ass. Et ass emol éischters der Persoun hiert Recht, gewuer ze ginn, wie sech fir hir Daten interesséiert, an et muss een och kënne retracéieren, bis wie wéi eng Donnéeë gefrot huet.

D'Kommunikatioun vun de perséinlechen Donnéeën dierft eigentlech net iwwer Mail oder iwwer Pabeier lafen. Dat ass awer nach net am Gesetz festgehalen, well mer nach net wäit genuch équipéiert sinn.

Ech géif mengen, mir kommen net derlaanscht, fir éischters d'Enseignanten eng Kéier allegueren ze sensibiliséieren. Ech mengen, datt dat och ee vun de grouse Problemer ass, wa mer iwwert d'Protektioun vun den Donnéeë schwätzen. Et ass mir nach rezent geschitt, datt ech mat Enseignanten am Zuch war, déi hu mir fein Fotoe vun hire Schüler gewisen. Ech mengen, datt dat eigentlech haut net méi méiglech ass.

Ech hu mech ëmfrot. Et gëtt och Lycéëen, do kritt een déi Fotoen net, mä et gëtt et nach ëmmer. Ech mengen, dat ass déi grouss Erausforderung och, wa mer dat Gesetz hei votéiert

hunn, datt mer och allegueren d'Leit sensibiliséieren, datt dat net vu Mutterwill ass, datt mer déi Regeln hei aféieren, mä datt mer eis müssen un déi halen an net méi... Donnéeën, déi bis eng Kéier an enger Mail circuléieren, déi si jeglecher Kontroll entgaangen (veuillez lire: entzunn). An dat si Saachen, déi am Fong geholl an eisen Aen net ze verantworten sinn.

De Projet de loi mécht dann och schlussendlech eng kloer Differenz tëschent den Donnéeën, déi müssen obligatoresch ginn, an den Donnéeën, déi fakultativ musse ginn. Obligatoresch Donnéeë sinn esou einfach Saache wéi den Numm, Virnumm, Geschlecht, Gebuertsdatum, d'Matricule, de Gebuertsuert, d'Nationalitéit, d'Foto an d'Privatadress.

Iwwert d'Foto ass scho villes hei gesot ginn. Et ass, wéi gesot, fir vill Lycéëen en Usus, datt et Billerkarteie gëtt vun hire Schüler. Do musse mer dann ebe soen, dat ass zwar bequem, mä et ass contraire à la loi. Domat musse mer dann ophalen. Dat ass besonnesch fir Schoulen, wou zum Beispill Proffe sinn, déi just eng Stonn an engem Cours sinn, dat ass fir déi eng Problematik, mä dat kann een awer léisen.

Op der Uni ass en ähnleche Problem, déi sinn och eens ginn domat. Da musse mer emol vläicht kucke goen, wéi si sech do arrangéiert hunn. Soudatt schlussendlech festgehalen ginn ass, datt déi Fotoe maximal zwee Méint gespäichert ginn. Do si mer konform mat ähnleche Situatiounen. Ech mengen, den Här Roth hat et och gesot: Bei de Gemengen ass et d'selwecht, do dāfer se och nëmmen zwee Méint gehale ginn. Dat ass richtig a gutt esou.

Eng Rei aner Donnéeën, do ass et fakultativ, ob een... Wann een net wëllt drop äntworten, dann äntwert een eben net drop an da riskéiert een och net, eng Amende ze kréien, wann een op déi Froe keng Äntwert gëtt.

Da war nach e leschte Punkt, wou mer och mat deem éischte Projet, wéi mer e presentéiert kritt hunn, guer net zefridde waren, well deen hat einfach gesot, all Donnéeë gi 15 Joer versuergt. Hei kënnt dann dat, wat mir vun Ufank un eis erwaart hunn a verlaangt hunn: Hei ginn déi meeschten Donnéeë ganz kloer just eng kuerz Zäit gehal.

Selbstverständlech müssen d'Schoulen d'Zensur laang halen, soss wieren heiansdo Leit schlecht drun, wa se och no 15, 20 Joer nach eng Zensur brauchen. Mä esou Saache wéi Mesures de remédiation oder Aménagements particuliers oder Régime linguistique spécifique, Dispensen, Absencen, dat gëtt net méi laang gehalten, wéi de Schüler an der Schoul ass, soudatt mer och do fannen, datt dat eng gutt Léisung ass.

Ech ginn dem Här Berger recht, wann e seet, ee Verstooss géint den Dateschutz ass kee Kavaliersdelikt, an duerfir si mer och frou, datt mer elo hei eng Législation kréien.

► **M. le Président.** - Här Adam, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Ma ech maachen lech déi Freed, Här President. Ech sinn u mengem leschte Satz.

Mir sinn der Meenung, datt, wa mer dat, wat mer elo hei fir d'Schoule schafe fir d'Datebanke vun de Schüler, wa mer do bei deenen anere 700 öffentlechen Datebanken, déi och schonn hei ugeschnidde gi sinn, ähnlech Mesuren hunn, da si mer ee ganze Schrott méi wäit an deem ganzen Dossier „perséinlechen Dateschutz“. Duerfir bréngen ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och fir d'Éischt e Merci un den Här Fayot fir déi ganz korrekt Manéier, wéi en den Historique vun engem Projet de loi gemaach huet, dee ganz komplizéiert war a ganz contestéiert.

Ech soen och direkt, datt ech mech an der Problematik ëm d'Sécherheet vun den Date ganz gār référéieren op dat, wat d'DP hei virdru gesot huet. Ech mengen, déi Analys ass richtig an et ass eng vun deenen Ursaachen, firwat och d'ADR dese Projet net wäert stëmmen.

Mä ech mengen, grondsätzlech, wa mer iwwert d'Datesammele sichen (veuillez lire: schwätzen), musse mer eis eens sinn: Wat ass d'Mission vun der Schoul? Well dovunner hänkt jo of, wéi eng Donnéeën ee brauch. An dat steet och hei am Projet de loi eigentlech direkt als Erklärung, firwat datt d'Missionen a Schoule sech geännert hätten an ëmmer méi komplex gi wieren. Mä dat ass eng Fro vu Prioritéiten.

Sécher, do iwwerschneide sech Saachen. Mä wann ee seet, d'Schoul ass un éischer Plaz eng Saach vu Wëssens-, vu Bildungsmittlung, vu Kënnevermittlung, da brauch een aner Daten,

wéi wann een an enger Optik schafft vun enger Sozialfabrik oder vun enger gesellschaftsveränderender Institution. Natierlech muss ee sensibel sinn op dat, wat geschitt, mä awer d'Prioritéit, d'Aschätzung vum Rôle vun der Schoul an der Gesellschaft determinéiert déi Daten, déi ee brauch.

Wat ass dann d'Utilitéit eigentlech vun deenen Etüden, déi mer hei wëllen? Ma ech zitieren einfach, wat am Rapport steet a wat, mengen ech, e Regierungstext ass: „L'exploitation de données à caractère personnel à des fins de recherches et d'analyses à mener avec des partenaires externes viendra souvent confirmer ce que l'on sait déjà d'expérience.“ Mir maachen also ganz vill Etüde fir Saachen, déi mer wahrencheinlech souwisou schonn aus Erfahrung wëssen. Dat seet de Projet de loi selwer, dat ass elo keng Erfindung vu mir.

An da muss een also, éischters emol, a Fro stellen: Ass dat iwwerhaupt néideg, wat mer hei alles an deem Émfang froen? An da muss een et zweetens och a Relatioun setze mat der Praxis vum Ministère a mat der Praxis vun der Regierung allgemeng. An do kann een net genuch warnen!

Ech mengen, mir sollten eis drun erënneren, datt de Ministère Questionnaires dorëmmer schéckt mat der Zuel vun de Bicher, déi d'Leit doheem hunn, mat der Zuel vun de Buedzëmmeren an de Stéit. Datt eventuell och elo nach dëst Gesetz erméiglecht, datt Questionnaires, net am Gesetz, net an deem, wat hei am Gesetz virginn ass, mä datt awer Questionnaire kënne herausgeschéckt ginn, wou de Revenu vun de Leit erfrot gëtt. Am Gesetz steet zwar nëmmen den Niveau oder d'Catégorie professionnelle, mä dat schléisst net aus, datt d'Regierung op aner Manéier probéiert dann, esou sensibel Informatiounen aus dem Liewe vun de Famillje gewuer ze ginn. An dergéint wiere mir eis!

An et ass d'Regierung allgemeng! Et ass net nëmmen Äre Ministère, Madame Minister, deen do no de Buedzëmmeren an no de Bicher fret. De Chancéglichkeitsministère huet d'Leit gefrot, wien doheem den Drecksemer erausdréit! Ech mengen, iergendwou muss et Grenze ginn, wat d'Verletzung vun der Privatsphäre durch de Stat ugeet. An dat heite geet definitiv ze wäit!

An da muss ee sech froen, niewent deenen Etüden, an déi Zesammenhäng, an déi Multitude tëschent deem, wat gesetzlech virgesinn ass, an tëschent zousätzlech vun de Questionnaires, wat dann nach eventuell d'Effete sinn. Wat brauch ee wierkelech?

Brauche mir déi Étude longitudinale vun der Universitéit oder vun engem anerem? Mir hunn e Feedback! Mir hunn de Feedback vun Aarbechtsmaart, vun der ADEM, vun de Patronatsorganisationen, vun de Gewerkschaften, vun de Chambres professionnelles, déi eis soen, wéi déi Leit, déi aus de Schoule kommen, sech bewähren um Aarbechtsmaart. Dat sinn alles Donnéeën, déi zur Verfügung stinn, wou mer net müssen zousätzlech Saache froen, déi an d'Privatsphäre eraginn. Mir brauchen einfach nëmmen dat ze huelen, wat eis zur Verfügung steet, a mir kréien e Bild vun der Schoul a vun deem, wat se haut nach leescht, dat fiabel ass an dat getest ass an der Realitéit vum Terrain.

Natierlech si mer net d'accord, wa CEPS/Ins-tad oder d'Universitéit Lëtzebuerg mat Donnéeën, sensibelen Donnéeën ëmginn, déi entweder dépersonnaliséiert oder net dépersonnaliséiert sinn, mä déi awer alt erëm eng Kéier eng ganz Rei Froe stelle vum Schutz vun der Privatsphäre.

Wéi laang sollen déi Donnéeë stockéiert bleiwen? Majo, am Prinzip, wat brauche mer dann? Mir müssen de Leit kënne en Diplom ausstellen, wa se hire verléieren. Mir müssen deene Leit, déi ze fréi aus der Schoul erausginn ouni Diplom, kënne certifiéieren, wat hire leschten Niveau war. Mä doriwwer eraus brauche mer näischt ze behalen, wann d'Leit aus der Schoul bis eraus sinn.

A mir brauchen net... Déi Donnéeë musse mer natierlech, déi Diplomer oder Saachen, déi schoulniveaurelevant sinn, déi musse mer kënne laang halen, mä de ganze Rescht ka geläscht ginn, wann d'Schüler aus der Schoul bis eraus sinn.

An da muss een och nach een anere Punkt daitlech ënnersträichen, dat ass wéi d'Schoul ëmgeet mat de Rechter vun den Elteren. Mir hunn ëmmer erëm kritiséiert, datt déi zwee Elteren - an et gëtt ëmmer méi Leit hei am Land, déi a Scheedungssituatiounen sinn oder a getrennt liewende Situatiounen - net gläich behandelt ginn, wat d'Schoul ugeet, datt deen een, deen den Droit de garde huet, méi Informatiounen oder all Informatiounen kritt, an deen aneren näischt. Domat musse mer endlech Schluss maachen!

An dësem Gesetz gëtt erëm deen Ënnerschied gemaach, datt just de Représentant légal

d'Donnéeë kritt. Mä mir hätte gär a mir fuerderen dat all Kéiers, datt domadder Schluss gemaach gëtt, datt déi zwee Eltere gläich behandelt ginn an datt jiddweree kann... En huet jo och d'Verantwortung, och wann e gescheet ass, fir weider un der Éducation vu sengem Kand matzewierken. Ma dee brauch d'Donnéeën, perséinlech Donnéeën, nämlech zum Beispill d'Zensur vu senge Kanner, oder wann e muss informéiert ginn, wa medezinesch Problemer an der Schoul opdauchen, an dat gëtt net gelescht!

Dat Elementairst, dat Wichtigst fir d'Liewe vun de Famillje gëtt net gemaach! Dergéint geet awer de Stat sech an d'Privatliewe vun de Leit amëschen. A mir sinn net d'accord!

Villmools Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero (Onofhängeg).** - Merci, Här President. Dat heite Gesetz werft ganz vill Froen op.

Déi éischt Fro, déi ee sech muss stellen, ass: Muss ee statistesch Donnéeën hunn, fir herauszufinden, dass sozial schwach Schüler méi schlecht Resultater hunn? Mir wëssen dat allegueren, dass d'Schüler (veuillez lire: d'Kanner) vun Immigranten oder vu sozial schwache Leit net ganz vill an der Schoul bréngen. Dat wësse mer alles, mir hunn déi Donnéeën allegueren. An d'Fro stellt sech: Wat wëllt Dir iwwerhaupt do erausfannen?

Eng zweet Fro ass: Firwat ass do eng Strof agefouert ginn, 25 bis 250 Euro, wann een déi obligatoresch Daten net ugëtt? Dir musst awer wierkelech fäerten, dass Dir net un déi Donnéeë kommt, well soss hält Der déi Strof do net ausgeschwat. Dir hätt roueg kënne drop verzichten. Ech mengen, an der Schoul, do gëtt ëmmer versicht fir d'Kanner, dass déi keng Strof kréien, egal wellech Dommheet dass se maachen. An hei, wann een hei eng Kéier esou ee Formular net richtig ausfüllt, da kritt een eng Strof.

A welcher Logik si mir do? Ech fäerte ganz, hei ginn erëm eng Kéier déi sozial schwach Familljen, déi wierkelech vläicht den Ziedel net richtig ausfüllen, déi ginn erëm bestrooft mat esou enger Zomm.

Wat ass dat heite Gesetz da wäert, wann déi net obligatoresch Donnéeën net iwwermëttelt ginn? Ech mengen, hei gëtt spekuléiert, dass d'Leit, déi net richtig informéiert ginn, dass déi allegueren hir Donnéeë wäerte ginn. Ech hunn d'Impressioun, dass déi net obligatoresch Donnéeën enges Dags awer obligatoresch wäerte ginn. Dat ass ganz meng Impressioun, déi ech hunn. An dat heiten ass eng eidel Hüls, ee Rahmen zur totaler Kontroll vum Schüler a vum Bierger, esou wéi mer dat elo scho gewinnt sinn an nach an Zukunft wäerte gewuer ginn.

Beispill: Installatiounen vu Kameraen am Numm vun Terroristen, Pseudo-Terroristen, déi et vläicht net gëtt. Elektronesch Dossiere vum kranke Patient, dat geet och an déiselwecht Richtung. Handyen, déi ee ka kontrolléieren. Kreditkarten, déi ee suivéiere kann. Fichiere beim SREL. Ech mengen, mir hu ganz vill Beispiller, wou mer zum glieserne Bierger ginn.

An duerfir ass dat heite Gesetz wierkelech fir mech e schlémmt Gesetz. Alles, wat de Bierger a senger „Privacy“ aschränkt, dat ass fir mech net zoumutbar. An ech wäert perséinlech net fir dëst Gesetz stëmmen.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Colombero. Leschte Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Dee Projet hei werft sécher eng Rei vun Dateschutzproblemer op. Den Här Berger huet der eng Rei opgezielt, déi nach ëmmer bestoe bleiwen. Ech gesinn och net d'Noutwendegkeet an, fir eng Vernetzung ze maache vun deene Karteien hei mat der ADEM, mam Héichschoulministère oder mat der Kanner-geldkeess, fir flächendeckend, wierkelech flächendeckend d'Obligatiounen vun de Schüler an de fréiere Schüler ze iwwerwaachen.

Et geet mer doriwwer eraus awer virun allem hei och a menger kuerzer Riedezäit drëm, fir d'Finalitéit och ze kritiséiere vun deem Text hei am Éducationsssektor selwer, also net a Relatioun mat aneren Administratiounen.

Ech si sécher dee Leschten, dee géif hei a Fro stellen, dass allgemeng sozioprofessionell Kriterien müssen erfaasst ginn, zum Beispill iwwert d'Präsenz vun Aarbechter, Ugestallten oder Beamten an deenen eenzelne Formen vu Lycée, Lycée technique, op der Uni an esou weider. Ech sinn och dee Leschten, dee wëllt a Fro stellen, dass Donnéeë sollen erfaasst ginn och



iwwert d'Revenuskategorië vun de Leit, déi an deenen eenzelnen Ordres d'enseignement sinn.

D'MAGRIP-Studië, déi hei scho genannt ginn ass, huet scho viru Jorzéngten déi Donnéeën erfaasst an huet Informatiounen driwwer geliwwert zum Beispill, dass et am Lycée ganz weineg Aarbechterkanner gëtt, ouni dass awer, dat muss een awer derbäisoen, déi néideg Konsequenzen do gezu gi wieren an der Schoulpolitik, fir den Accès zum Lycée zum Beispill méi accessibel ze maache fir Aarbechter, fir d'Schoul am Allgemenge méi égalitaire ze gestalten. Dat ass trotz Statistiken ni geschitt.

Statistike sinn elo scho méiglech an déi Richtung. Ob se méiglech wäerte bleiwen, dat ass iwwregens nach eng Fro. Wann ech héieren, wann den Här Roth hei seet, dass ausdrécklech op Wonsch och vun der CSV gesot ginn ass, dass déi Donnéeën do iwwert de Beruff vun den Elteren oder iwwert de Revenu vun den Elteren net méi obligatoresch mussen erfaasst ginn, stellen ech mer d'Fro, ob iwwerhaapt nach esou Statistiken da wéi déi MAGRIP-Studië an Zukunft wäerte méiglech sinn.

Ech mengen, et muss een och d'Fro stellen: Ëm wat geet et hei leschten Enns nach hannendrun? Geet et net hei och ëm Ranking vu Schoulen? Geet et net och ëm eng Evaluatioun vun den Enseignanten ënner sech, no gewësse Kritären? No Taux de réussite vun de Kanner? No den Absencé vun de Schüler? No hiren Noten oder no pädagogesche Methoden eventuell? Wann ech hei gesinn, dass Bilans de compétence, Remédiationsmesuren an esou weider sollen do evaluéiert kënne ginn an national verglach kënne ginn.

Et geet jo hei ëm d'„organisation et le fonctionnement de l'école“. Et steet do net dran, op wat fir engem Niveau a wien déi Décisiounen hält. Dat heescht, ech mengen och, dass do de Ministère nei Instrumenter kritt, och zum Beispill a Richtung vun de Promotionskritäre vun den Enseignanté selwer.

Ass do net vläicht e Lien mat deem neie Gesetz iwwert d'Fonction publique? Dat jo och soll applicabel ginn am Enseignement a wat ganz staark kritiséiert gëtt vun de Gewerkschaften SEW an APESS a wou de Moment déi Gewerkschaften an der Médiatioun sinn, well se net wëllen hunn, dass dat Gesetz sech och applizéiert am Enseignementssecteur.

Fir zum Schluss ze kommen, mengen ech, wann ee wëllt eng Schoul hunn an en Enseignement hunn, déi ee wëllt féieren e bësse wéi e Betrib vun uewen erof, no gewësse Rationalitéitskritären, wat jo och d'OECD-Studien eis dauernd soen, da brauch een natierlech déi doten Instrumenter. Da brauch een esou sophistiquéiert Statistiken, déi net méi vill ze dinne hu mat enger allgemenger Evaluatioun vun der sozialer Zesummesetzung vun der Schoul.

Domat sinn ech scho wäit erëm, Här President, iwwer meng Riedezäit ewech...

► **M. le Président.**- Jo, dat wollt ech elo grad an Erënnerung ruffen.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech kann da just nach soen, dass ech meng Zoustëmmung net ka ginn zu deem Projet hei.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Elo kritt d'Wuert d'Erzéiungsministesch, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och ech wollt dem Rapporteur, dem Här Ben Fayot, villmools Merci soe fir säin exzellente Rapport. Hien huet dat Gesetz esou gutt erkläert, dass ech net brauch op alles anzegoen. Ech mengen, et war fir all déi, déi wollten nolauschteren, relativ kloer, wat an deem Gesetz steet. Déi, déi et falsch interpretéieren, dat ass sécher net dem Rapporteur seng Schold.

Da wollt ech dem Rapporteur, dem President, dem Ben Fayot awer och als President Merci soen, well an där Kommissioun hu mer effektiv ganz vill iwwert dat Gesetz diskutéiert, an ech mengen, dass mer zesummen Amendemente gemaach hunn, déi sécher d'Gesetz - a mengen Ae jiddefalls - verbessert hunn.

Ech sinn net iwwerzeegt, dass jiddwereen am Ministère vun der Éducation nationale iwwerzeegt ass, dass d'Gesetz besser ginn ass. Mä mir hunn et awer fäerdegruecht, en Équilibre ze fannen zwëschen engersäits der Noutwendegkeet vun enger effikasser Gestiou, och der Méiglechkeet, fir Recherche ze maache mat deenen Donnéeën, déi mer hunn, déi dann ëmmer anonymiséiert si selbstverständlech, dass een net kann zrëckverfollegen, op wéi eng eenzel Persounen dat geet, an op där anerer Säit der Noutwendegkeet vum Dateschutz, vun der Protektioun vum Privatlewen.

An ech wëll lech soen, mir hu jo laang un deem Gesetz do geschafft. Et ware vill Navetten zwësche Conseil d'État a Parlament. Mir hu vill Avisen erakritt. D'Dateschutzkommissioun ass e puermol gefrot ginn. Ech sinn immens erlichtert, dass mer e Gesetz hunn! Well et ass jo net esou, dass mir elo eréischt Datebanke schafen. De Ministère vun der Éducation nationale, deen huet Datebanke säit 2001. Déi baséieren op engem Règlement grand-ducal, an dat Gesetz hei, dat mécht eng Verbesserung, dat bréngt ganz kloer eng Verbesserung a méi eng grouss Protektioun fir deen Eenzelnen.

An duerfir kann ech lech soen, ech si frou, dass mer haut eng Majoritéit an deem Parlament fanne fir méi Sécherheet am Émgang mat den Daten, wéi mer der bis elo haten.

Ech mengen, mir hunn d'Finalitéite preziséiert. Et steet ganz kloer am Gesetz, firwat däreren Daten opgehuewe ginn - net fir egal wat, mä nëmme fir déi Zwecker, déi am Gesetz stinn - a wéi eng Kategorië vun Daten därfe fir wéi eng Finalitéit erhuewe ginn. An da geet de Règle-

ment grand-ducal nach ganz an den Detail, wat den Accès ugeet.

Wat därfe de Ministère vun der Éducation nationale am Fichier vun anere Ministère kucke goen? Dat ass net einfach, wéi den Här Berger elo hei erkläert huet, dass déi dann do mam Scheinwerfer duerch d'Datebanke ginn, mä déi hunn Accès op verschidde Kategorien, limitativ opgezielt.

Datselwecht ëmgedrëit: Wéi eng Daten därfe mir weiderginn un aner Ministère? Och do ass et net esou, dass mir eise ganze Fichier an déi aner Ministère ginn, mä déi kréien eenzelner, si därfe zu eenzelne Kategorien Accès hunn. An dat ass am Sënn, wéi ech awer soen, vun enger Simplification administrative, dass mer net dem Mënsch, eise Bierger dauernd déiselwecht Fro stellen, well d'Leit si genervt, wéi ech lech soen, wa se dauernd musse Fichieren ausfüllen, wou deen ee Ministère an dann deen anere Ministère erëm déiselwecht Informatiounen vun hinne wëllt hunn.

Dann hu mer e ganz strikte Contrôle vum Archivage. Dat ass elo ganz kloer, wien huet Accès zu wéi engen Donnéeën. Et ass net, dass all Beamten, all Proff, all Direkter Accès zu sämtlechen Donnéeën huet, déi an engem Fichier sinn, mä do gëtt et e Relevé vu Persounen, wien nëmme zu deenen Donnéeën Accès huet, déi ee selwer, entweder selwer erstallt huet oder mat deenen ee muss schaffen. Dat ass also och ganz kloer geregelt.

An den Utilisateur, dee kann novollzéien, wien zu wéi engen Donnéeën, déi hien uginn, en Accès hat. Dat ass eng ganz kloer Verbesserung, wat d'Informatioun vun eis alleguerten ugeet.

Da kréie mer e Chargé vun der Protection des données, deen also zoustänneg ass, kontrolléiere geet, ob déi Regeln och an allen dezentralen Dépendancé respektéiert ginn.

Mir maachen eng Informatioun un d'Elteren an un d'Schüler, fir hinnen ze soen, wéi eng Donnéeë mer erhiwen a wat mer domadder maachen. Déi Bréiwer, déi si mer amgang ze preparéieren, well déi nei Schüler komme jo elo bei der Rentrée oder wahrscheinlech scho virun der Rentrée, schreiw sech an an d'Lycéeën, dass se dann direkt dee Bréif do matkréien.

Also, an et ass richteg, an ech si frou, dass do robber higewise ginn ass, dass mer natierlech eng grouss Sensibiliséierungsaktioun musse maache bei de Schüler a bei den Enseignanten, dass ee mat den Date vun de Schüler net ka lichtfankeng ëmgoen, weder informatesch nach soss. Well et ginn och ausserhalb vun der Informatik oft Abusë gemaach mat Donnéeën, déi een huet. Also, déi Sensibilisatioun gëtt gemaach, an ech denken, dass den Débat vun haut sécher dozou bäigedroen huet.

Also, duerfir wëll ech lech villmools Merci soen: deenen, déi dat Gesetz stëmmen, deenen, déi gehollef hunn, dass mer zu engem Text komm sinn, deen, wéi gesot, d'Qualitéit vum Dateschutz an der Éducation jiddefalls verbessert.

Ech sinn och, ech fille mech eigentlech e bëssen als Pionéier. Mir hunn et fäerdegruecht, hei e Gesetz ze maachen, wat, mengen ech, eng modern Gestiou erlaabt an zur gläicher Zäit den Dateschutz.

Ech wëll lech soen, ech perséinlech, wann dat Gesetz hei gestëmmt ass a wa mer dat alles ëmgusat hunn, ech schlofen da méi roueg. Ech sinn da rassuréiert.

Villmools Merci alleguerten!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Erzéiungsministesch.

Domadder wiere mer um Enn vun der Diskusioun a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6284 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6284 ass ugehall mat 45 Jo-Stëmmen, géint 14 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden (par M. Félix Eischen), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer, Laurent Schreiner (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Claude Meisch);

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Mëtteg ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 12., 13. a 14. Mäerz.

D'Sitzung ass opgehuewen.


(Fin de la séance publique à 16.55 heures)

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.

- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.

- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

www.chd.lu